Par ailleurs, la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural est d'avis que les implications juridiques, au niveau européen et international, ainsi que les possibilités réelles d'utilisation de cette compétence renforcée par les États membres ne sont pas claires pour le moment.

Dans ce contexte, elle estime qu'il est indispensable de permettre aux États membres qui veulent interdire la culture des OGM sur leur territoire d'utiliser des arguments relatifs à la protection de l'environnement et de la santé publique, prenant en compte leurs spécificités nationales et régionales, et qui n'ont pas été évalués lors de la procédure d'autorisation.

Finalement, la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural est d'avis qu'il faudrait postposer les discussions sur cette proposition, afin d'attendre les clarifications nécessaires sur les aspects juridiques, ainsi que la mise en œuvre de la réforme de la procédure d'évaluation.»

(s.) Roger Negri, Lucien Clement, Emile Eicher, Fernang Etgen, André Hoffmann, Henri Kox.

Deen Avis vun der Agrarkommissioun entsprécht och zwou Motiounen zu dëser Problematik, déi mir hei de 16. Mäerz 2010 gestëmmt hunn.

Vote sur la résolution

E Vote sans débat gëtt virgeschloen. Wien also mat dëser Resolutioun d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Enthält ee sech?

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Domadder wier déi Resolutioun à l'unanimité ugeholl. Ech soen Iech Merci an ech wäert deen Avis vun der Agrarkommissioun un déi zoustänneg europäesch Instanze weiderginn.

D'Chamber befaasst sech elo mat dräi Projet-de-loien, déi zesummen an enger Diskussioun wäerte behandelt ginn. Dëst sinn d'Projeten 6163, 6017 an 6168. D'Riedezäit ass hei nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bettel, Klein, Braz, Henckes an Hoffmann. D'Wuert huet elo den éischte Corapporteur vum Projet de loi 6163, den honorabelen Här Jean-Louis Schiltz. Här Schiltz, Dir hutt d'Wuert.

3. 6163 - Projet de loi

- portant renforcement du cadre légal en matière de lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,

- portant organisation des contrôles du transport physique de l'argent liquide entrant au, transitant par ou sortant du Grand-Duché de Luxembourg,

- relative à la mise en œuvre des résolutions du Conseil de Sécurité des Nations Unies et des actes adoptés par l'Union européenne comportant des interdictions et mesures restrictives à l'encontre de certains États, régimes politiques, personnes, entités et groupes,

- modifiant:

1. le Code pénal,

2. le Code d'instruction criminelle,

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

4. la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,

5. la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie,

6. la loi modifiée du 11 avril 1985 portant approbation de la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, ouverte à la signature à Vienne et à New York en date du 3 mars 1980,

7. la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne,

8. la loi du 20 juin 2001 sur l'extradition,

9. la loi du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne,

10. la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale,

11. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier,

12. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier,

13. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances,

14. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat,

15. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat,

16. la loi modifiée du 10 juin 1999 relative à l'organisation de la profession d'expert-comptable,

17. la loi du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit,

18. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives,

19. la loi modifiée du 17 mars 1992 portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988,

20. la loi modifiée du 14 juin 2001 portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990,

21. la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'enregistrement et des domaines

6017 - Projet de loi portant

1. approbation de la Convention du 29 mai 2000 relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne

2. approbation du Protocole du 16 octobre 2001 à la Convention relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne

3. modification de certaines dispositions du Code d'instruction criminelle et de la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire en matière pénale

6168 - Projet de loi

- portant approbation de la Convention pour la répression d'actes illicites contre la sécurité de la navigation maritime, faite à Rome le 10 mars 1988 et du Protocole pour la répression d'actes illicites contre la sécurité des plates-formes fixes situées sur le plateau continental, fait à Rome le 10 mars 1988;

- et modifiant la loi du 14 avril 1992 instituant un code disciplinaire et pénal pour la marine

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 6163

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV), corapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et schéngt müsseg ze sinn, zu deem Moment, wou d'Chamber en Text virleien huet fir ofzestëmmen, sech d'Fro ze stellen, ob déi Texter, déi virleien, an d'Kategorie vun de Meeschterwierker geheieren. Dat ëmsou méi, wa mer hei wierklech am System vun der Coproduction législative sinn, dee mengem franséischen Homologue un d'Häerz gewuess ass. Wann ee sech also d'Fro stellt, ob dat hei e Meeschterwierk ass oder net, da stellt ee sech also deelweis selwer eng Zensur aus. Ech schwätzen net vu mir, mä vun der ganzer Chamber.

An dach ass d'Fro hei erlaabt. An d'Fro ze stellen - eigentlech - léisst schonn drop schléissen, wat d'Äntwert ass oder en Deel vun der Äntwert. Well wann ech den Text hei kucken, wéi mer e virleien hunn, a wann ech dann eng Sekonn mer déi Rechtsprinzipië virun Ae féieren, déi mer hei zu Lëtzebuerg säit iwwer 200 Joer kennen, da muss ech soen, datt mer net mat engem Meeschterwierk hei ze dinn hunn, wat den Text ubelaangt.

Well et nämlech drëm gaangen ass - nieft villen anere Komplikatiounen -, eng Rei international Texter respektiv Stoussrichtungen an e Rechtssystem eranzequëtschen, deen nach ëmmer zu engem grousse Deel op de Codë fondéiert vun den Zäite vum Napoleon an dee Prinzipië kennt, déi à première vue net ëmmer ganz kompatibel si mat deenen internationalen Orientatiounen. Dat ass e komplizéierten Exercice. Et ass en Exercice, wou mir net eleng Problemer hunn. Ech sinn iwwerzeegt, datt, wa Frankräich an d'Belsch duerch deen nämlechten Exercice gi wéi deen, dee mir amgaange sinn ze goen, se ähnlech Komplikatioune wäerte fannen.

An dach, op engem anere Punkt muss ech soen, datt deen Text hei, och wann et kee Meeschterwierk ass, awer eng Meeschterleeschtung duerstellt. Et ass de kollektiven Effort vu villen, deen et mécht, datt mer haut kënnen dat Gesetz hei stëmmen.

Ech wëll drun erënneren, datt eng vun deenen éischte Froen, déi mer eis gestallt hunn am Summer an der Kommissioun, war, wéi mer deen Text dann elo sollen ugoen: ob mer solle kucken, all Differenze bis an de leschten Detail auszedroen, oder ob mer solle kucken, e kollektiven Effort iwwert d'Fraktiounsgrenzen ewech ze maachen an eis Differenze fir een Dag oder fir ee Projet oder fir dräi Projeten an de Schaf ze stellen. D'Kommissioun huet unanime décidéiert, datt mer géifen dee kollektiven Effort wëllen zesumme maachen an dofir kënne mer dat och hei haut stëmmen: en Text, deen am Intérêt vum Land ass.

Och wann dat net üblech ass, wëll ech dofir am Ufank vu menger Interventioun am Numm vun alle Kolleegen aus der Commission juridique all deene Merci soen, déi um Text hei matgewierkt hunn. Fir d'Éischt déi Efforten, déi déi zwee Ministere gemaach hunn, jiddwereen op seng Manéier, jiddwereen op senger Plaz, jiddweree mat sengem Stil: Ouni Ar Efforten, déi Der gemaach hutt an déi Der weider maacht, wier deen Text hei och net zustane komm.

Ech wëll awer och alle Membere vun der Kommissioun en opriichtege Merci soen: net, well se am August getagt hunn, well dat schéngt mer näischt Anormales ze sinn, mä fir déi Aarbecht, déi gemaach ginn ass. Eng Aarbecht, déi mer zesumme gemaach hunn an der Kommissioun, mat der CSSF, mam Commissariat aux assurances a virun allem och mam Parquet, deen an de Kommissiounssitzungen de Minister méi wéi eng Kéier begleet huet an deen eis mat sengem Fachwëssen och zur Säit stoung. Dofir och u si e grousse Merci.

Deen Text hei wier awer och net zustane komm ouni d'Effortë vu villen am Generalsekretariat vun der Chamber. Ech ka mech net erënneren, bei engem Text matgewierkt ze hunn, wou esou eng permanent Disponibilitéit vun allen do war. Aschléissen a mengem Merci wëll ech och d'Mataarbechter vu menger Fraktioun, déi och Grousses geleescht hunn an deem Kader hei.

Ech wëll - wann Der erlaabt - dräi grondleeënd Iwwerleeungen ustellen, dräi, véier Wierder zum Procedere soen an dann op den Text agoen.

Mir sinn hei konfrontéiert - an dat ass déi éischt vu menge grondleeënden Iwwerleeungen - mat der Fro, wéi an där Welt, wou mer haut liewen, d'Kraaft vum Normative sech par rapport zur Kraaft vum Factuellen ze verhalen huet. Well wann ee gesäit, datt mer e Rapport kréie vun engem GAFI a wann da gesot gëtt: „Dat ass elo ëmzesetzen" respektiv: „Do ass keng Diskussioun méiglech", da muss ee sech d'Fro wéinstens stellen - als dat Organ, wat un éischter Stell hei am Land responsabel ass, fir déi normativ Kraaft vum Gesetz zum Ausdrock ze bréngen -, ob do net vu baussen eng factuel Kraaft mat eraspillt, déi méi staark ass, wéi déi Kraaft vum Normativen, déi mir opgrond vun der Constitutioun hei hunn.

De GAFI huet eng Rei Recommandatioune gemaach. D'Fro ass net, ob déi engem gefalen oder ob se engem net gefalen; d'Fro ass, wéi mer se an eise Rechtssystem erakréien.

Da kann een och d'Fro stelle vun der Legitimitéit vun deem GAFI: Ech wëll soen hei, datt - mat alle Kritiken a mat allen Diskussiounen, déi mer an der Kommissioun haten - een einfach muss gesinn, datt dee GAFI vu Regierungsvertrieder vun enger Rei Partnerlänner zesummegestallt ass am Kader vun der OCDE, datt, wann ee sech also exklusiv op d'Kraaft vum Factuelle berifft hei, fir Kritik ze üben, da fannen ech, datt dat e bësse kuerz gesinn ass.

Et ass awer net ganz falsch, well wann ee kuckt - fir en anert Beispill aus der rezenter Vergaangenheet ze huelen -, datt mer, entgéint alle Bestriewungen am Virfeld an alle Verspriechungen am Virfeld, am Kader vum G20 op eng gro Lëscht komm sinn als Land, da muss ee sech alt erëm d'Fro stellen: Wéi ass et mat der Kraaft vum Factuelle par rapport zur Kraaft vum Normativen?

Mir féieren Diskussiounen an der Europäescher Unioun iwwert d'Entraide judiciaire, iwwert d'Fiskalitéit, iwwert d'Échanges d'informations sur demande, an dach op eemol zu engem gewëssene Moment kënnt en internationaalt Gebild, wat sech G20 nennt an décidéiert, datt mer op enger groer Lëscht sinn, woubäi mer dat Organ virdrun net kannt hunn - da si mer erëm voll an der Kraaft vum Factuellen.

Ech wëll just - ech maachen eng Klammer hei op - en anert Beispill nennen. Mir hunn, an dat huet näischt mam Thema ze dinn, mä dat huet awer eppes mat der Thematik vun der Kraaft vum Factuellen a vun der Kraaft vum Normativen ze dinn. Wann ech vum Afghanistan-Asaz schwätzen: Wie weess dann - ausser dem Här Fayot selbstverständlech -, datt d'NATO opgrond vun engem UNO-Mandat do ass? Dat spillt an der Ausenanersetzung dobausse keng Roll.

Mir huelen d'UNO zur Kenntnis, wann Däitschland an de Weltsécherheetsrot kënnt. Mir wëssen emol net, wien déi aner Membere sinn. Mä mir bréngen et net fäerdeg, dobaussen eng Debatt ze féieren, wa mer iwwer Afghanistan schwätzen, dahingehend, datt et eng Rechtsgrondlag gëtt, opgrond vun där d'NATO do ass, an datt déi vun der UNO geschaf ginn ass. An dach soe mer an all eise Sonndesrieden, datt d'UNO muss dat zentraalt Organ sinn an datt d'UNO eigentlech och an eiser Aussepolitik eng zentral Roll ze spillen huet a spillt. Dat ass och richteg esou. Ech hunn dat Beispill just zitéiert hei, fir och déi Kraaft vum Factuellen - well och wat Afghanistan ubelaangt, féiere mer eng

exklusiv factuell Debatt - eng Kéier hei ze ënnermaueren.

An da muss ee soe mat aller Kritik, mat alle Bedenken, déi ee géigeniwwer vum GAFI huet, datt jo awer dat en Organ ass, wat sech am Kader vun der OCDE beweegt. En Organ, wat eng Emanatioun vun dërselwechter OCDE ass, wou mir och Member sinn a wou eis Stëmm och gehéiert gëtt. Et wär mer léif, wa mer an Zukunft och do géifen haart jäizen, vläicht nach e bësse méi haart jäizen, wann et ëm eis Interesse geet. Ech weess, datt d'Regierung wëlles ass, dat ze maachen.

A fir aus deem Spannungsfeld, wat besteet aus der Kraaft vum Normativen op dër enger Säit an der Kraaft vum Factuellen op dër anerer Säit, erauszekommen, ass et wichteg, datt d'Chamber haut dee legislativen Agrëff virhëlt, dee mer an enger oder zwou Stonne wäerte virhuelen, sou datt d'Kraaft vum Normativen erëm definitiv hei d'Iwwerhand kritt. Well vun deem Moment un, wou hei e Gesetz gestëmmt ass, si mer erëm kloer am Kader vum Normativen. An dat ass och richteg esou.

Mir hunn, an dat ass meng zweet grondleeënd Iwwerleeung, am Kader vun deenen Diskussiounen, déi mer am GAFI hunn, an an der Bekämpfung vum Terrorismus an dem Wäisswäsche vu Suen, mat enger Rei Grondprinzipien ze dinn. Ech wëll se net all hei uféieren, mä ech wëll der zwee mentionnéieren. Deen ee Prinzip ass dee vun der Bekämpfung vum Terrorismus. Deen anere Prinzip ass dee vun der Rechtsstaatlechkeet.

Et war dësem Parlament ëmmer e ganz staarkt Uleies, fir ze suergen, datt all Effortë sech an engem rechtsstaatleche Kader bewegen. An dat soll och weider esou sinn. Ech gesi kee Grond, firwat mer ee Millimeter dovunner sollen ofwäichen. Eis natierlech Tendenz geet also dohin, datt mer déi rechtsstaatlech Norm wëllen an de Vierdergrond stellen an och an der Realitéit an de Vierdergrond stellen.

An dach ass dat an Aklang ze brénge mat der Bekämpfung vum Terrorismus. Säit 2001 ass d'Welt net méi esou wéi mer se kannt hu virdrun. Si ass anescht. An duerfir och an deem Spannungsfeld vun Terrorismusbekämpfung op dër enger Säit a rechtsstaatlechen Normen op dër anerer Säit musse mer Léisungen a Solutioune fannen. Och dat hu mer hei, denken ech, am Kader vun deenen Texter, déi haut zur Ofstëmmung virleien, gemaach.

Ech kéint lech elo Beispiller ginn, wou mer hei Elementer an eise Rechtssystem erabréngen, déi mer am Detail net kennen. Ech mengen, dat géif ze wäit féieren. Dat hu mer am Detail an der Kommissioun gemaach.

Zum Procedere wollt ech just ee Wuert soen. Mir hunn dat Gesetz hei an denkbar komplizéierte Konditiounen op den Instanzewee bruecht an och wa mer et elo gestëmmt hunn, zu engem gudde Schluss bruecht.

Ech hat, Här Minister Biltgen, lech am Februar gesot, wou mer d'Responsabilité pénale des personnes morales hei ofgestëmmt hunn am Virfeld vun deem GAFI-Rapport, Dir sollt net méi esou erëmkommen. Dir sidd erëm esou erëmkomm. Mä Dir sidd am nämlechten Themefeld erëm esou erëmkomm. Dat heescht, dee Fräifahrtsschäin, deen Der deemools kritt hutt, dee gëllt och nach fir dës Kéier, mä dee gëllt an Zukunft net méi. Och dat wollt ech lech an aller Frëndschaft a mengem Numm, mä ech mengen och am Numm vun der Kommissioun vun hei aus soen.

(Interruption et hilarité)

Wat den Text ubelaangt,…

Här Minister Frieden, Dir waart elo net a mengem Bléckfeld an och net am Zentrum vu mengen Iwwerleeungen.

(Interruption)

Ech géif elo bieden, datt mer d'Froen net verdéiwen, ob Dir nach esou e Fräifahrtsschäin hutt oder net. Well et kéint emol eng Äntwert kommen, déi net zilführend wär.

(Hilarité)

Mä bon, mir loossen dat awer op.

(Interruptions et hilarité)

Wat den Text...

M. le Président.- Ech géif lech bieden, ganz opmierksam dem Här Rapporteur nozelauschteren.

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV), corapporteur.*- Ech schwätzen am Numm vun der Kommissioun, wéi den Här Frieden…

Une voix.- Maja eben.

(Hilarité)

M. Jean-Louis Schiltz *(CSV), corapporteur.*- Wat de Projet selwer ubelaangt, ass dat e ganz seriöe Projet, an ech wëll just op e puer Modifikatiounen agoen. Mir modifiéiere fir d'Éischt de Code pénal op enger Rei Dispositiounen. Mir maachen d'Méiglechkeet, fir Confiscatiounen ze maache vu Fongen a Gidder, déi mat Terrorismus a mat Wäisswäsche vu Suen eppes ze dinn hunn, méi breet, sou datt et sech an Zukunft fir kee méi, awer fir guer kee méi rentéiert, an esou Operatioune matzemaache respektiv sech doranner ze bedeelegen.

Zweetens preziséiere mer d'Definitioun vum Terrorismus, wéi se an eisem Gesetz steet, wat de Finanzement vun deem nämlechten ubelaangt, andeem mer op Demande vum GAFI hin d'Notioun verbreederen, op déi zréckgegraff gëtt, wann et drëm geet, fir ze kucken, wat d'Fonge sinn, déi kënnen den Objet vum Gesetz sinn oder net. Dat ass elo technesch, mä dat huet awer och eng Implikatioun an dat ass eppes, wat iwwerall am Gesetz erëmkënnt. Dat ass eng Verbreederung vun der Definitioun vun deem, wat an de Champ d'application vun dër Gesetzgebung fält.

An dann - drëtte Punkt - féiere mer eng Rei nei Infractiounen an: den Attentat terroriste à l'explosif, den Attentat contre les personnes qui jouissent d'une protection nationale, internationale - pardon -, etc., etc. Ech ginn net op den Detail an.

Mir maachen eng Rei Modifikatiounen, dat ass den zweete Punkt, och wat de Code d'instruction criminelle ubelaangt. Do wëll ech der zwou ervirsträichen. An ech wëll virausschécken, datt dat déi zwou sinn, déi am meeschten zu Diskussiounen Ulass ginn hunn an der Chamber, wat de ganzen Text ubelaangt.

Déi éischt ass déi, datt et e Prinzip gëtt, datt vum GAFI virgi gëtt, wann net extradéiert gëtt, soll déi normal Prozedur hei zu Lëtzebuerg ulafen. Et waren an den Texter eng Rei Onkloerheeten dahingehend, datt de Fait, datt, wann een net extradéiert, dozou féiert, datt hei zu Lëtzebuerg eng Prozedur an d'Weeër geleet gëtt, kéint heeschen, datt de Parquet obligéiert wär, ze poursuivéieren.

D'Chamberskommissioun - an d'Regierung am Iwwregen och - war einhelleg der Meenung, datt dat net kéint sinn, nämlech, datt de Parquet weiderhi misst kënne vum Principe de l'opportunité des poursuites Gebrauch maachen och an deem Fall do - dat heescht, wann net extradéiert gëtt -, an also d'Prozedur, wann dann iwwerhaapt eng Prozedur kënnt, sech hei zu Lëtzebuerg ofzespillen huet, de Parquet nach wie vor de Prinzip vun der Opportunité des poursuites zu senger Verfügung huet, fir ze décidéieren, ob e poursuivéiert oder ob en net poursuivéiert. Dat hu mer am Text kloergestallt.

Déi zweet Modifikatioun am Code instruction criminelle ass déi, déi d'Mini-Instruktioun ubelaangt. Elo kann ee vun der Mini-Instruktioun vill soen. Et kann een eng Rei Virdeeler opzielen. Et kann een och eng Rei Nodeeler opzielen. Et kann ee sech driwwer ënnerhalen, wat iwwerweit. De Fakt ass deen, datt mer opgrond vun deene Recommandatioune vum GAFI zur Konklusioun komm sinn, datt et onëmgänglech wär, en absence vun enger grousser Reform vum Code d'instruction criminelle - wëll ech ausdrécklech betounen -, fir d'Mini-Instruktioun méi breet opzemaachen. Dat war awer nëmmen onëmgänglech, well et eis aus Zäitgrënn net méiglech wor, fir déi ganz Procédure pénale ze reforméieren, wat eigentlech d'Virléift vun der Kommissioun gewiescht wier a wat och d'Intentioun vun der Regierung ass.

Mir hunn also, fir dem GAFI Rechnung ze droen, an dovun ausgehend, datt mer net konnten déi ganz Procédure pénale op d'Kopp geheien, d'Mini-Instruktioun méi wäit opgemaach an Hirichtung, a Richtung - pardon - vu Blanchiment-Infractiounen a Finanzement-vum-Terrorismus-Infractiounen. Dat heescht, déi Infractioune sinn net méi a priori ausgeschloss vun der Mini-Instruktioun, wat eng vereinfacht penal Prozedur ass par rapport zur klassescher Instruktioun à charge, à décharge, déi de Juge d'instruction féiert. D'Mini-Instruktioun applizéiert sech also an Zukunft och op eng Rei Infractiounen, déi mam Terrorismus, mam Finanzement vum Terrorismus, mam Blanchiment ze dinn hunn.

Mä, an dat ass d'Œuvre vun der Kommissioun vun der Chamber, d'Chamber huet dräi zolidd Correctifen an den Text erabruecht. Dräi zolidd Correctifen, fir sécherzestellen, datt déi Mini-Instruktioun sech awer an engem akzeptabele prozedurale Kader ofspillt.

D'Fro war net déi, ob mer d'Mini-Instruktioun géifen étendéieren oder net étendéieren - do ka jiddweree seng Meenung driwwer hunn. D'Fro war: Wéi maache mer et, fir datt mer an engem rechtsstaatleche Kader bleiwen? An do ass d'Chamber mat dräi Iddië komm, déi alleguerte sech am Text erëmfannen, fir déi Mini-Instruktioun awer elo net ze wäit opzemaachen.

Deen éischte Correctif ass deen, datt fir déi ganz schlëmm Infractiounen, déi Hardcore-Terrorismusinfractiounen an Hardcore-Finanzementsinfractioune vum Terrorismus, d'Mini-Instruktioun net ka gebraucht ginn. Dat ass deen éischte Correctif. Dat sinn déi, fir am technesche Langage ze schwätzen, déi net kënnen décriminaliséiert ginn. Déi, déi an der Kommissioun sinn, wëssen, vu wat ech hei schwätzen.

Dat Zweet ass, an dat ass, mengen ech, déi Haapterrungenschaft, wa mer hei dovunner schwätzen, wat d'Chamber an deem Text un neien Impulser bruecht huet: Deen, dee vun enger Mini-Instruktioun betraff ass, a wa gesi gëtt, datt d'Affär sech an d'Sitzung hibeweegt respektiv datt et effektiv zu enger Affär kënnt, huet d'Recht, gehéiert ze ginn. Dat ass an den Text erageschriwwe ginn op d'Bestriewunge vun der Chamberskommissioun. Et ka keen, deen net gehéiert ginn ass, einfach iwwert de Wee vun enger Mini-Instruktioun an d'Sitzung kommen an do jugéiert ginn.

Gradesou wéi d'Travaux préparatoires glaskloer sinn, wat de Fait ubelaangt, datt deejéinegen, dee betraff ass, och aner Devoiren däerf hunn. Deen däerf froen, datt Zeie gehéiert ginn, deen däerf froen, datt eng Expertise gemaach gëtt, etc., etc. Wann deem net stattgi gëtt, kann en déi Demande nach ëmmer eng Kéier an der Sitzung duerno maachen. Selbstverständlech ass et och, datt, wann ee gehéiert gëtt an d'Recht huet, gehéiert ze ginn, een dann och d'Recht op en Affekot huet. Ech mengen, dat steet net zur Debatt.

Drëtte Correctif. D'Chamberskommissioun huet sech mat der Fro ausenanergesat, ob et gutt wier, wann déi Mini-Instruktioune sech géifen éterniséieren an eigentlech géifen en Ersatz gi vun der normaler Instruktioun mat deene Garantien, déi déi huet. D'Chamber huet déi Fro mat engem kloren „Neen" beäntwert an duerfir gesot, datt, nodeems eng éischt Mesure an enger Affär opgrond vun enger Mini-Instruktioun exekutéiert ginn ass, de Parquet nach eemol kann innerhalb vun dräi Méint eng zweet Mesure froen an dër nämlechter Affär. Wann en dat net mécht, respektiv wann deen Délai ofgelaf ass, da muss et op de Wee vun enger normaler Instruktioun goen.

Dat heescht, an enger spezifescher Affär kann eng Kéier op d'Mini-Instruktioun zréckgegraff ginn, an dann nach eng zweete Kéier innerhalb vun engem Délai vun dräi Méint. A wann dann näischt dobäi erauskomm ass, fir et op Lëtzebuergesch ze soen, da muss de Parquet entweder ophalen oder e muss op de Wee vun enger richteger Instruktioun goen iwwert d'Prozedur, déi virgesinn ass, fir de Juge d'instruction ze saiséieren.

Mir hunn, an dat ass den drëtten Deel vun den Texter, och nach d'Gesetz geännert iwwert de Blanchiment, andeems d'Pouvoire gestäerkt gi vun der CRF. Dat ass déi Cellule, déi beim Parquet ugesiedelt ass an déi sech mat Blanchiment beschäftegt. Déi kritt nei Méiglechkeeten, fir de Contrôle ze maachen, renforcéiert Kooperatiounsméiglechkeeten.

Et gëtt am Text preziséiert, datt deen, deen Objet vun esou enger Demande ass, de la part vun der Commission anti-blanchiment vum Parquet, net de Secret professionnel däerf opposéieren, och dat à la demande vum GAFI. Et ass evident, datt dat net gëllt fir de Secret professionnel, dee sech ofspillt tëschent dem Affekot an dem Client. Wann een Objet ass vun enger Demande vun der CRF, muss deen nach wie vor sech kënnen evidenterweis un en Affekot wenden, fir sech ze verteidegen.

Fënneftens ännere mer och d'Gesetz iwwert de Secteur financier. D'CSSF an de Commissariat aux assurances kréien nei Kompetenzen: Contrôle sur place, Graduation des sanctions, Pouvoir réglementaire, etc., etc. D'Texter, wat déi verschidde professionell Organer, wéi den Ordre des avocats an d'Notairen ubelaangt, ginn och nei gewiicht.

An deem nämlechten Zesummenhang wollt ech op e leschte Punkt hiweisen am Text. All déi, déi kengem Organ ënnerleien, wéi d'CSSF, wéi de Commissariat aux assurances, wéi den Ordre des avocats, wéi d'Chambre des notaires, etc., an déi ekonomesch relevant Aktivitéite maachen, déi ënnerleien an Zukunft, wat de Blanchiment ubelaangt, dem Contrôle vum Enregistrement an der Surveillance vum Enregistrement. Esou datt keng Professioun, déi relevant ekonomesch Aktivitéiten tätegt, ouni Autorité de surveillance respectivement de contrôle dosteet. Dat sinn all déi Conseil-fiscalen, all déi Conseil-économiquen, d'Immobilienhändler, etc., etc.

Ech hu vergiess ze ernimmen, datt et selbstverständlech esou ass, datt d'Experts-comptables weider dem Ordre des experts-comptables ënnerleien an d'Réviseurë weider dem Institut des réviseurs d'entreprises.

Alles an allem, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet d'Kommissioun probéiert, avec les moyens du bord et compte tenu des contraintes de temps - surtout compte tenu des contraintes de temps, well les moyens du bord hätte mer gehat, fir méi wäit ze goen, fir méi an den Detail ze goen, fir vläicht méi e kohärenten Text ze maachen -, mä mir hu probéiert, compte tenu des contraintes de temps, déi nei Regelwierker, déi internationalen Ursprongs sinn, an eise Rechtssystem eranzedrécken, eranzefügen, heiansdo eranzezwängen.

Ech weess net, ob et eis an alle Punkten honnertprozenteg gelongen ass. Ech kann net ausschléissen hei - ech soen dat och am Numm vun der Kommissioun -, datt mer iergendwann, kuerzfristeg, déi Texter hei erëm mussen iwwerschaffen. Et ass, wat den Text selwer ubelaangt, an ech hunn et gesot, kee legislatiivt Meeschterwierk. „On est pressé par le temps." Duerfir ass et och wichteg, datt dat Gesetz haut hei gestëmmt gëtt. D'Chamber huet hei bewisen, datt se ka séier an effikass schaffen. D'Chamber huet och bewisen, datt se net am Summer dräi Méint an der Vakanz ass.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem éischte Corapporteur vum Projet de loi 6163 Merci. An elo kritt d'Wuert deen zweete Corapporteur vun deemselwechte Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth, deen eis uschléissend och de Rapport mécht vun de Projets de loi 6017 an 6168.

M. Gilles Roth *(CSV), corapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den zweeten Deel vun dem Gesetzesprojet 6163 iwwert de Blanchiment, deen dréit ëm den Transport vu borem Geld bannent der Europäescher Unioun. Am Kontext vun dem Wäisswäsche vu Suen, respektiv dem Finanzement vum Terrorismus, ass dem GAFI no d'Kontroll vu Bankmouvementer méi effikass wéi

d'Kontroll vum Zirkuléiere vum bore Geld. Hei hu sech regelrecht professionell Réseauë vu Coursieren opgebaut, déi Borgeld iwwert d'Grenze vun den eenzelne State féieren.

Op europäeschem Plang gouf 2005 en entspriechend Reglement geholl, nodeems d'Aféiere respektiv d'Ausféiere vu méi wéi 10.000 Euro Borgeld vun der Europäescher Unioun an een Drëttland muss obligatoresch deklaréiert ginn. Dëse Regime betrëfft hei am Land just de Findel, also déi eenzeg Baussegrenz. Zënter Oktober 2007 ass d'Douane fir dee Contrôle zoustänneg.

A sengem faméise Rapport huet de GAFI Lëtzebuerg d'Recommandatioun gemaach, dass de Contrôle vun de Borgeldmouvementer och muss bannent den EU-Grenzen, dat heescht tëschent deenen eenzelne Memberstate gemaach ginn. An de Gesetzesprojet, deen dréit där Recommandatioun Rechnung.

Konkret heescht dat elo fir d'Leit Folgendes: All Mouvement vu Borgeld - dorënner falen och zum Beispill Schecken, Traveler's Schecken, Scholdschäiner vu méi wéi 10.000 Euro pro Persoun -, deen iwwer eis Landesgrenzen aus dem Land respektiv an d'Land gefouert gëtt, muss an Zukunft op Demande vun der Douane deklaréiert ginn.

Wann ech also zum Beispill vun Arel, Metz oder Tréier an d'Land kommen a vun der Douane ugehale ginn a méi wéi 10.000 Euro Borgeld bei mer hunn, da muss ech op Demande hin an engem Formulaire deklaréieren, wou ech dat Geld hier hunn, wou ech domadder higinn a wat ech domadder maachen.

De Montant vun 10.000 Euro zielt, wéi gesot, fir all eenzel Persoun. Et sinn nëmme physesch Geldtransferte betraff; deemno net Bijouen, Gold, Aueren, Diamanten oder aner Edelsteng. Ech muss nëmmen op Demande vun der Douane hin de Formulaire ausfëllen. Et besteet, esou wéi de Gesetzestext zur Ofstëmmung virläit, deemno kee Verdacht op Geldwäscherei. Hei gouf et jo am Virfeld, net zu Onrecht iwwregens, zolidd Kritike géigeniwwer dem urspréngleche Text.

Wann ech de Formulaire vun der Douane net ausfëllen oder onkomplett ausfëllen, da schalt d'Douane d'Cellule de renseignement financier vum Parquet an. Währenddeem kënnen d'Sue maximal bis 24 Stonnen zréckbehale ginn, et sief dann, de Parquet ordonnéiert e Blocage vun de Suen. Och dat ka maximal während dräi Méint geschéien.

Et si just d'Agente vun der Douane, déi esou Kontrolle kënne maachen. D'Kontrolle ginn dem Douanesgesetz no gemaach, dat och eng Identitéitskontroll respektiv en Duerchsiche vum Gepäck ka beinhalten. Déi zoustänneg Douanesbeamte kréie fir déi nei Aufgab eng speziell Formatioun. Si hunn och d'Qualitéit vun engem Officier de police judiciaire.

Den urspréngleche Regierungstext gouf ofgeännert an op e Minimum vu Kontroll reduzéiert. Mir droen op dësem Punkt den Exigenze vun dem GAFI Rechnung. Mir limitéieren domat wäitestméiglech den Aschnëtt an d'Privatsphär vun dem eenzelne Bierger. D'Commission juridique huet drop bestanen, dass bei der Organisatioun an der Duerchféierung vun esou Kontrollen de Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet muss spillen. Also et gëtt keen Excès de zèle.

Här President, am drëtten a leschten Deel vun dem Gesetzesprojet iwwert de Blanchiment geet et ëm d'Ëmsetze vun UNO-Resolutiounen, fir hei zu Lëtzebuerg Sue vun Terroriste kënnen anzefréieren.

Konkret gëtt et an deem Kontext dräi Kategorië vun Terroristen: éischtens, déi Terroristen, déi namentlech op enger Lëscht vun dem UNO-Weltsécherheetsrot geféiert ginn; zum Beispill den Osama bin Laden; zweetens, déi Leit, déi als Terrorist bannent der Europäescher Unioun identifizéiert sinn; dat sinn zum Beispill Leit vun der ETA oder IRA-Memberen; an drëttens, Leit, déi mir hei op reng nationalem Plang zu Lëtzebuerg als Terrorist géife féieren, wien dat dann och ëmmer mag sinn.

Bis elo hu mir zu Lëtzebuerg an deem Kontext ëmmer d'Positioun vertrueden, dass mir eisen internationale Verflichtungen an deem Beräich géifen nokommen, andeems mir d'europäesch Reglementer, déi opgrond vun den UNO-Resolutioune geholl ginn, applizéieren. De GAFI reprochéiert eis, dass déi europäesch Reglementer opgrond vun der gemeinsamer Aussen- a Sécherheetspolitik geholl ginn a mir domat keng juristesch Basis fir d'Sue vun EU-internen Terroristen, wéi IRA- oder ETA-Leit respektiv engem nationalen identifizéierten Terrorist, hätten.

Déi konkret Ëmsetzung vun der GAFI-Recommandatioun huet op dësem Punkt verfassungsrechtlecht Kappzerbrieches kascht. Esou wéi de Gesetzesprojet elo zum Vote virläit, bedeit dat konkret Folgendes: D'Nimm vun de Leit, déi duerch eng UNO-Resolutioun oder op EU-internem Plang als Terrorist identifizéiert sinn, ginn hei am Land an engem Règlement grand-ducal direkt oder duerch Referenz zu engem EU-Reglement opgelëscht an deemno am Mémorial publizéiert. Praktesch gëtt dës Lëscht aktualiséiert och nach op engem Internetsite vum dem Finanzministère.

Mat deene Leit, déi op der Lëscht als Terrorist opgefouert ginn, däerfe keng Finanztransaktiounen am wäiteste Sënn vum Wuert gemaach ginn. Dat heescht: Konte féieren, Wäertpabeieren handelen, mä och bis zu Haiser kafen a verkafen a villes méi. Dëst Verbuet zielt fir jiddwer Lëtzebuerger respektiv jiddwereen, deen zu Lëtzebuerg esou eng Finanztransaktiou géif maachen.

D'CSSF an de Commissariat aux assurances hu jiddwereen a sengem Kompetenzberäich d'Opsiicht iwwert dës Verbuetsbestëmmungen. Sollt trotzdeem ee géint esou ee Verbuet verstoussen a mat enger opgelëschter Persoun als Terrorist Geschäfter maachen, da mécht e sech strofbar a kann zu enger Prisongsstrof vu bis zu fënnef Joer an enger Geldstrof vu bis zu 250.000 Euro condamnéiert ginn. De Gesetzesprojet gesäit och ausdrécklech vir, dass, wann ee Professionelle sech guddes Glafs un esou e Verbuet hält a Suen afréiert, en dofir keng zivilrechtlech Responsabilitéit ageet.

Här President, dëst waren a kuerze Wierder déi Haaptelementer vun dem zweeten an drëtten Deel vun dem Gesetzesprojet iwwert d'Wäisswäsche vu Suen, esou wéi en elo zum Vote steet. Et ass eng zum Deel staark amendéiert Versioun vun dem urspréngleche Regierungstext, wéi se no enger Rei vun Oppositions formelles vum Statsrot zustane koum. Den Text ass e Kompromëss tëschent Exigenze vum GAFI a Respekt vun elementare Prinzipië vun eisem Rechtsstat. A fir d'CSV-Fraktioun ginn ech d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet.

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 6017

Mir kommen dann elo zum zweete Projet. Dat ass deen iwwert déi international Rechtshëllef. Mat dem Gesetzesprojet 6017 setze mir eng europäesch Konventioun an e Protokoll aus de Joren 2000 an 2001 iwwert déi international Rechtshëllef am Strofrecht ëm. Et sinn zwee Pilieren an der Schafung vun engem gemeinsamen europäesche Rechts- a Sécherheetsraum.

De GAFI-Bericht iwwer Lëtzebuerg fuerdert vun eis, dës Konventioun ëmzesetzen, fir d'Justizzesummenaarbecht am Strofrecht ze erliichteren. D'Chamber soll dofir elo hir Zoustëmmung zu dësen zwee Texter ginn. Abee, dës zwee Texter hunn et nawell a sech. Mir bewegen eis mat eise Rechtsprinzipië carrément an enger neier Welt.

D'Commission juridique huet sech iwwert déi zwee lescht Méint intensiv an am Detail mat deene prakteschen Auswierkunge vun dëse Konventiounen op eis Strofrechtsprozedur befaasst. Riichteraus gesot, Regierung a Chamber hu sech schwéiergedoen, fir den Text, deen haut zur Ofstëmmung virläit, zesummenzestellen.

Här President, de Gesetzesprojet, esou wéi en haut zum Vote virläit, versicht, zwee wesentlechen Elementer Rechnung ze droen: enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung, mä am Respekt vun dem Schutz vun der Privatsphär an domat verbonnen dem Recht op Verteidegung an dem Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet.

Als Land hu mir, iwwregens ënner verschiddene politesche Konstellatiounen, am Beräich vun der Justizzesummenaarbecht am Strofrecht ëmmer dës Positioun vertrueden. All Member vun der Commission juridique huet och - an dat soll ee kloer soen - bei der gesamter Analys vun deem Gesetzesprojet ëmmer nees op dës Prinzipië gepocht.

Här President, konkret kënnen an Zukunft am Strofberäich d'geriichtlech Prozeduren direkt vun enger auslännescher Autoritéit un déi betraffe Bierger, déi zu Lëtzebuerg wunnen, geschéckt ginn. Dës Akte mussen awer an enger Sprooch verfaasst sinn, déi déi betraffe Persoun versteet. Déi betraffe Persoun muss och op hir Rechter a Flichten higewise ginn, déi mat deem Prozedursakt verbonne sinn.

E wichtege Prinzip gëtt zu Lëtzebuerg bäibehalen: Rechtshëllef geschitt nëmmen iwwert d'Justizautoritéiten. Eng auslännesch Demande kann also net direkt un d'Lëtzebuerger Police oder Douane geriicht ginn. International Rechtshëllef huet Prioritéit. Gëtt bei der Rechtshëllef op d'Mathëllef vun de Lëtzebuerger Justizautoritéiten zréckgegraff, esou muss dat am Prinzip no de Formalitéiten an Délaie geschéien, déi vun der auslännescher Autoritéit festgesat goufen.

Et gëllt weiderhin de sougenannte Principe de spécialité. Dat heescht, déi perséinlech Donnéeë kënnen nëmmen am Kader vun der konkreter Affär, fir déi si vun de Lëtzebuerger Justizautoritéiten iwwermëttelt goufen, vun dem Ausland benotzt ginn. D'Rechtshëllef gëtt d'Instrument vun der moderner Kriminalitéitsbekämpfung. D'Konventioun regelt esou den temporären Transfert vun Untersuchungshäftlingen an d'Ausland, fir eng Instruktiounsmoossnam duerchzeféieren; d'Schafe vu gemeinsamen Enquêtenéquipen; verdeckt Ermëttlung; grad wéi d'Unhéiere vun Zeien oder Experten iwwer Videokonferenz; d'Interceptioun, dat heescht d'Lokalisatioun an d'Oflauschtere vu Kommunikatiounen.

Dës Instrumenter, esou effikass se kënne sinn, bedeiten awer och e sensibelen Agréff an déi perséinlech Grondfräiheete vun enger Persoun. Dofir muss all Agréff rechtlech limitéiert a legitiméiert sinn. D'Befugnisser vun de Lëtzebuerger Autoritéiten am Kader vun enger internationaler Rechtshëllef däerfen net iwwert dat erausgoen, wat an eisem nationale Recht méiglech ass. Dat zielt besonnesch um Niveau vun dem Oflauschtere vu Kommunikatiounen. Si mussen op Lëtzebuerger Territoire vun engem Lëtzebuerger Untersuchungsriichter erlaabt ginn. D'Autorisatioun ass och zäitlech begrenzt.

Här President, deen delikatesten Deel vun dësem Gesetzesprojet ass d'Ëmsetze vun dem Zousazprotokoll zu der Konventioun iwwert déi europäesch Rechtshëllef am Strofrecht. Säin Zil ass op europäeschem Plang d'Bekämpfung vun der organiséierter Finanzkriminalitéit an dem Wäisswäsche vu Suen. Déi legal Verflichtungen, déi eist Land, grad wéi déi aner europäesch Memberstaten, duerch de Protokoll ageet, bedeite fir eis national Strofrechtsprozedur dach schonns eng nei Welt.

Ëm wat geet et genee? De Protokoll erlaabt enger auslännescher Justizautoritéit, am Kader vun enger Rechtshëllef bei der Lëtzebuerger Justiz unzefroen, fir dräi Zorte vun Informatiounen ze ermëttelen:

Éischtens: Eng auslännesch Justizautoritéit kritt d'Recht, wann dat fir si bei der Opklärung vun enger strofrechtlecher Affär néideg ass, fir bei der Lëtzebuerger Justiz d'Ufro ze stellen, ob eng bestëmmte Persoun hei am Land bei enger oder méi Banken e Konto ënnerhält, kontrolléiert oder géréiert. Dat ass eng sougenannte Perquisition toutes banques.

Zweetens: Et kënnen doriwwer eraus och Informatioune gefrot ginn iwwer Bankoperatiounen, déi an der Vergaangenheet während engem bestëmmten Zäitraum op engem Konto gemaach goufen, also e sougenannte Retraçage vun deene Bankmouvementer.

An drëttens: Et kann och e sougenannte Monitoring gefrot ginn, dat heescht de Suivi an der Zukunft vu Banktransaktiounen op engem Kont ze verfollegen, mä dat iwwer eng maximal Dauer vun dräi Méint.

Dës Informatioune mussen der Konventioun no ënner verschidde Konditiounen och am Kader vu Steieraffäre geliwwert ginn. D'Bank däerf hire Client iwwer esou eng Moossnam net a Kenntnis setzen. D'Bank ënnerläit hei enger sougenannter Obligation de confidentialité. D'Bankgeheimnis spillt am Kader vun esou enger Rechtshëllef net.

Fir deenen internationale Verflichtungen nozekommen, musse mir dofir eng Rei vun Ëmännerunge maachen - um Niveau vun eiser nationaler Strofrechtsprozedur grad wéi um Plang vun eisem nationale Gesetz iwwert déi international Rechtshëllef am Strofberäich.

Am Prinzip gëllt: Fir d'Rechtshëllef am Kontext vun dësem Protokoll spillen zu Lëtzebuerg déiselwecht Regele wéi bis elo am Kontext vun enger Perquisitioun - also enger Hausduerchsuchung oder enger Saisie, also enger Beschlagnahmung. Doriwwer eraus schaaft de Gesetzesprojet Rechtssécherheet bei de sougenannte Perquisitions toutes banques an dem Monitoring vu Bankkonten. Dës Rechtssécherheet zielt am Kader vun enger internationaler Rechtshëllef, mä och bei enger reng nationaler Affär.

Konkret schreiwe mir dofir an eise Code d'instruction criminelle nei Bestëmmungen an, déi d'Prozedur an d'Rechter vun dem Untersuchungsriichter kloer definéieren, wann hie wëllt Informatioune bei Banke froen iwwert den Inhaber vun engem Kont. Datselwecht zielt och am Fall, wou den Untersuchungsriichter enger Bank ordonnéiert, fir iwwert de Suivi vu Banktransaktiounen an Zukunft iwwer eng bestëmmten Zäit ze informéieren. Dës nei Bestëmmungen applizéiere sech wéi gesot souwuel bei enger reng nationaler Ermëttlung wéi och am Kader vun der internationaler Rechtshëllef.

Et gëtt awer een Ënnerscheed. Am Kontext vun enger reng nationaler Affär kann den Untersuchungsriichter op eng Perquisition toutes banques respektiv e Monitoring vun engem Kont nëmmen zréckgräife bei enger limitéierter Unzuel vu méi schwéiere Strofdoten am Beräich vun der organiséierter Kriminalitéit, der Terrorismusbekämpfung, der Drogekriminalitéit, dem Mënschenhandel an dem Wäisswäsche vu Suen.

Am Kader vun der internationaler Rechtshëllef dergéint ass bei der Perquisition toutes banques dem Untersuchungsriichter säi Pouvoir méi large a spillt fir Strofdoten, wou am Ausland eng maximal Prisongsstrof vu minimum véier Joer, an hei zu Lëtzebuerg eng maximal Prisongsstrof vu minimum zwee Joer virgesinn ass.

Duerch d'Zesummespill vun enger Rei Bestëmmunge spillt hei awer weiderhin de Prinzip vun der sougenannter Double incrimination, an dat an alle Strofberäicher. Dësen zweegleisege System tëschent reng nationalen Affären an internationaler Rechtshëllef ass sécherlech net elegant. E war och net am urspréngleche Regierungstext virgesinn. En ass d'Konsequenz vun enger allerdéngs berechtegter Opposition formelle vun dem Statsrot, déi hien am Kontext vun enger korrekter Ëmsetzung vun dem Protokoll gemaach huet.

Här President, d'Ëmsetze vun dësem Protokoll huet och eng fundamental Ëmännerung vun dem Gesetz aus dem Joer 2000 iwwert déi international Rechtshëllef bedéngt. D'Commission juridique huet op dësem Plang versicht, en Équiliber tëschent enger korrekter Ëmsetzung vun der internationaler Verflichtung a fundamentale Rechtsstatsprinzipië vun eisem Strofrecht ze garantéieren.

De Problem résuméiert sech op dat hei: De Protokoll, dee mir mussen ëmsetzen, verlaangt - wéi virdru gesot - eng Obligation de confidentialité vun der Bank. Dat heescht, si däerf de Client net informéieren, dass verschidden Untersuchungsmoossname wéi eng Perquisition toutes banques, de Retraçage oder de Monitoring vu Kontenoperatioune vun der Justiz ugeuerdnet goufen.

Dëst bedeit awer, dass an deene Fäll de Client an der Praxis keng Rekursméiglechkeet méi géint déi Untersuchungsmoossnam huet, well e jo net dovun informéiert gëtt respektiv ze spéit dovun a Kenntnis gesat gëtt, wann zum Beispill d'Dokumenter oder d'Informatioune schonn un déi auslännesch Autoritéiten iwwermëttelt goufen an de Recours an deem Fall souwisou kee Wäert méi huet. Den Droit de recours, d'Rekursrecht ass awer an eisem generelle Rechtsverständnis en Element vun dem sougenannten Droit de la défense, dem Grondrecht op Verteidegung.

Duerfir hat bis elo am Kader vun dem Gesetz vum 8. August 2000 iwwert déi international Rechtshëllef eng Persoun, géint déi eng Untersuchungsmoossnam ordonnéiert gouf, en eegent Rekursrecht.

D'Léisung, déi d'Commission juridique zréckbehalen huet, fir an deem sensibele Beräich den Équiliber tëschent internationale Verflichtungen an eise Rechtsstatsprinzipien, virun allem dem Grondrecht op Verteidegung, ze garantéieren, ass elo folgend: D'Chambre du Conseil, also d'Rotskummer vun dem Tribunal, déi mat dräi Riichtere besat ass, kritt eng generell Kompetenz, fir bei enger Ufro op Rechtshëllef aus dem Ausland d'Regularitéit vun der Prozedur d'office ze kontrolléieren.

Dës Rotskummer muss och hiren Accord gi fir d'Iwwermëttlung vun Dokumenter, Informatiounen oder aner Objeten un eng auslännesch Autoritéit. Well am Kontext vun enger internationaler Rechtshëllef d'Bank respektiv hir Employéen net däerfen de Client informéieren iwwer eng Perquisitioun, e Retraçage vu Bankoperatiounen oder e Monitoring vu Bankmouvementer, gëtt elo d'Méiglechkeet agefouert, fir ee Mémoire, dat heescht Observatioune bei der Chambre du Conseil ze déposéieren. Dës Méiglechkeet besteet fir all Persoun, déi iwwer eng Untersuchungsmoossnam - wéi d'Saisie vun Dokumenter oder d'Kollekt vun Informatiounen iwwer e Bankkonto - informéiert gouf, oder fir all Drëttpersoun, déi e legitimen Intérêt huet. Dat heescht, dass d'Bank ee Mémoire kann als Drëttpersoun déposéieren. Si muss dat awer net.

De Client kann e Mémoire ofginn, souwäit hie vun der Untersuchungsmoossnam informéiert ass. Ginn een oder méi Mémoiren ofginn, muss d'Rotskummer niewent dem Iwwerpréiwe vun der Regularitéit vun der Prozedur iwwert d'Argumenter vun dem Mémoire mat enger motivéierter Décisioun befannen.

Här President, fir eis mat den internationale Verflichtunge konform ze setzen, hu mir niewent der Ëmännerung vun eiser Strofrechtsprozedur deemno fundamental Ännerungen un eisem Gesetz vun 2000 iwwert déi international Rechtshëllef misse maachen.

Et gëtt eng Confidentialitéitsklausel an d'Gesetz ageschriwwen, déi enger Bank respektiv hiren Employéen ënnert der Sanktioun vun enger Geldstrof verbitt, hire Client iwwer verschidden Untersuchungsmoossnamen, déi zum Beispill op engem Kont duerchgefouert ginn, ze informéieren. De formellen Droit de recours gëtt ofgeschaf an duerch en Dépôt vun engem Mémoire ersat. De sougenannte Principe du contradictoire gëtt also wäitgehend bäibehalen.

Här President, fir den Équiliber tëschent internationale Verflichtungen an eisem Versteesdemech vun elementare Rechtsstatsprinzipien ze garantéieren, war ee Spagat. Dëse Spagat huet - GAFI oblige - an engem Rekordtempo missen untrainéiert ginn. A grad wéi den Här Schiltz et virdru scho gesot huet: Ouni d'Fachwëssen an den Engagement vu jiddwerengem, deen do matgewierkt huet, ugefaange bei dem Justizminister - virun allem fir dëse Projet - a senge Beroder, dem Procureur général, den Avocats généraux, de Leit vum Parquet, de konstruktive Proposen - dat soll een och soen - vun dem Conseil d'État, an ouni den Engagement an de Versteesdemech vun alle Membere vun der Commission juridique mat de Leit vum Greffe an net zulescht de Conseilleren aus eiser Fraktioun hätte mir dat och net an deem Tempo an an där Zäitspan hikritt.

Ech soen dofir jiddwerengem vun dëser Plaz aus Merci a verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Bericht. An ech ginn och zu dësem Projet d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.*- Elo komme mer zu deem leschte méi terre-à-terrë Projet. Dat geet awer vill méi séier.

Rapport de la Commission juridique sur le projet de loi 6168

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir erënnert lech sécherlech alleguerten nach un d'Affär vun der „Achille Lauro".

M. André Hoffmann *(déi Lénk).*- Dat war awer sur mer, net sur terre. Dir sot terre à terre.

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.*- Dir schwätzt herno, Här Hoffmann.

(Hilarité générale et interruptions)

Une voix.- Keen Humor.

M. Gilles Roth *(CSV), rapporteur.*- Et war dat an der Konventioun en italienescht Croisièresschëff, dat Mëtt den 80er Jore virun der ägyptescher Küst vun engem palästinensesche Kommando besat an entfouert gouf. Ënnert dem Impuls vun den USA ass dorops 1988 eng UNO-Konventioun an e Protokoll ausgeschafft ginn. Si sollen d'Sécherheet vun der maritimer Schëfffahrt grad wéi de maritime Plattformen, wéi de Buerinselen am Mier, garantéieren.

Béid Texter sinn zënter 1992 a Kraaft. Mir sinn dat eenzegt Land aus der Europäescher Unioun, wat se nach net ratifizéiert huet, respektiv hu mer där Konventioun nach net adhéréiert. De formellen Text datéiert aus dem Joer '88, a firwat dass mer nach net adhéréiert hunn, huet domat ze dinn, dass mer deemools nach kee Pavillon maritime haten. D'Approbatioun vun dëser Konventioun gëtt awer elo ënnert der Fuerderung vun dem GAFI gemaach.

Här President, Lëtzebuerg huet keen oder nach keen direkten Zougang zu engem Mier. De maritime Secteur spillt awer duerchaus seng Roll an eiser Wirtschaft. 250 Schëffer fueren de Moment weltwäit ënner Lëtzebuerger Pavillon. Ronn 300 Betriber sinn an deem Beräich direkt oder indirekt hei zu Lëtzebuerg aktiv. D'Gewaltattacke géint esou ee Schëff, wat ënner Lëtzebuerger Fändel fiert, falen an de Kompetenzberäich vun eise Geriichter. D'Piraterie-Ugrëffer virun der Küst vu Somalia hu bewisen, dass esou Gewaltattacken net vu reng hypothetescher Natur sinn. Dës international Texter hunn duerfir dach schonn e konkreten Notze fir eist Land. Dozou kënnt déi méi politesch Recommandatioun vum GAFI, fir dës Konventioun ze ratifizéieren.

Nu kuerz, ëm wat geet et? Eng Rei vun illegalen Handlungen, déi d'Sécherheet vun der Navigatioun vun engem Schëff respektiv d'Sécherheet vun enger fixer Plattform am Mier a Gefor brëngen, ginn am Lëtzebuerger Recht als Strofdoten opgefouert. Dat geet vum Ugrëff op d'Navigatiounsinstrumenter, de Wëllen d'Kontroll iwwert d'Schëff ze kréien, falsch Informatiounen ze ginn, zum Beispill wat d'Route vum Schëff ubelaangt, bis hin zum Schëff oder seng Ladung ze beschiedegen oder ze zerstéieren. D'Handlung muss awer vun enger gewësser Gravitéit sinn, esou dass d'Sécherheet vun dem Schëff a Gefor ass.

Betraff sinn all Zorte vu Schëffer, dat heescht Handelsschëffer, Passagéier- oder Croisièresschëffer bis hin zu Yachten. Net viséiert si Krichsschëffer respektiv Schëffer, déi fir Statsaufgaben, also wéi Polizei- oder Douanesaufgabe benotzt ginn. Dës Strofdote ginn elo an eise Code disciplinaire et pénal de la marine aus dem Joer 1992 ageschriwwen.

Et applizéiere sech Prisongsstrofe vun zéng bis 15 Joer. Komme Persounen dobäi zu Schued, ka souguer eng liewenslänglech Prisongsstrof verhaange ginn. An de Strofberäich fält och de Finanzement vun deene strofbaren Handlungen, déi ech virdrun opgezielt hunn. De Finanzement ze bestrofen, deen ergëtt sech aus der Konventioun vun New York iwwert d'Finanzéierung vun dem Terrorismus.

Här President, d'Aschreiwe vun den opgezeechente Strofdoten an eis Lëtzebuerger Gesetzgebung ass d'Haaptuleies vun der UNO-Konventioun, iwwert déi mir haut ofstëmmen. Et gëtt awer och verlaangt, fir den nationale Geriichter e breeden Zoustännegkeetsberäich ze ginn, fir esou Strofdoten ze sanktionéieren.

D'Lëtzebuerger Geriichter ginn zoustänneg fir d'Gewaltakte géint d'Sécherheet vun engem Schëff, wat ënner Lëtzebuerger Pavillon fiert. Eng Strofdot géint ee Schëff, wat ënner Lëtzebuerger Fändel fiert, gëtt duerfir ugesinn, wéi wa se u Bord vun deem Schëff begaange gi wier, onofhängeg ob dat Schëff sech an internationale Gewässer befënnt oder net.

D'Adhésioun zu dëser Konventioun huet also net nëmmen eng reng politesch Bedeitung fir eist Land. Et kann och zu konkreten Uwendunge kommen, well, wéi ech virdru gesot hunn, de Moment 250 Schëffer ënner Lëtzebuerger Pavillon op de Weltmierer fueren. Eis Geriichter kréie fir déi Strofdoten och nach eng sougenannte persounebezu Kompetenz. Dat heescht, d'Lëtzebuerger Geriichtsautoritéite kënnen esou all Kéiers poursuivéieren, wann e Lëtzebuerger oder en Auslänner, deen hei am Land wunnt, eng Strofdot géint d'Sécherheet vun engem Mieresschëff begaangen huet. Schliesslech kënnen déi lëtzebuergesch Geriichter zoustänneg ginn a Fäll, wou e présuméierten Täter hei am Land gestallt gëtt. Hei spillt de Prinzip, dass déi Persoun entweder muss ausgeliwwert ginn oder hei viru Geriicht gestallt ginn.

Här President, dës Konventioun mag vläicht an éischter Siicht e méi exoteschen Uschäin hunn. Opgrond vun eisem Pavillon maritime ka se awer dach direkt Uwendung zu Lëtzebuerg fannen, obschonns mir keen direkten Zougang zum Mier hunn. Entgéint anere Konventiounen, iwwert déi mir haut de Mëtteg diskutéieren, bedeit d'Adhésioun zur Konventioun iwwert d'Sécherheet vun der Mieresschëffahrt kee juristescht Neiland. De Statsrot huet och duerfir kee gréissere Problem mat dem Regierungstext gehat. Ech verweise fir den Detail op mäi schrëftleche Rapport a ginn och zu dëser Konventioun d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Elo hu mer déi dräi Rapporte gemaach. Et war an der Commission juridique ofgemaach, an de Jean-Louis Schiltz huet virdrun ugedeit, dass dës Kéier d'Chamber iwwert den August, wat och hir Flicht war, awer all Kéiers a laange Sitzungen déi Texter analyséiert huet, fir dass mer fristgerecht, wann déi nächst Vollversammlung vum GAFI elo an deenen nächsten Deeg ass, eis Hausaufgaben hei zu Lëtzebuerg gemaach hunn.

An et war awer de Konsens an der Commission juridique, well och eng Rei vu Fraktiounen domat hire Vote gebonnen hunn, dass géif eng Motioun ofgi ginn, wou d'Regierung géif invitéiert ginn, fir Ufank vun 2012 nach eng Kéier e Bilan ze zéien iwwert déi nei Regel, besonnesch um Niveau vun der Entraide, um Niveau vun der Mini-Instruktioun, dat heescht, ob do d'Rechter vun de Bierger wierklech gewahrt sinn.

Zweetens ass och gefrot an där Motioun, dass d'Commission juridique vun der Chamber un där Evaluéierung engstens bedeelegt gëtt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- vu le projet de loi 6017 portant

1. approbation de la Convention du 29 mai 2000 relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne

2. approbation du Protocole du 16 octobre 2001 à la Convention relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne

3. modification de certaines dispositions du Code d'instruction criminelle et de la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale

- vu le projet de loi 6163 portant renforcement du cadre légal en matière de lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,

portant organisation des contrôles du transport physique de l'argent liquide entrant au, transitant par ou sortant du Grand-Duché de Luxembourg,

relative à la mise en œuvre des résolutions du Conseil de Sécurité des Nations Unies et des actes adoptés par l'Union européenne comportant des interdictions et mesures restrictives à l'encontre de certains États, régimes politiques, personnes, entités et groupes,

modifiant:

1. le Code pénal,

2. le Code d'instruction criminelle,

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

4. la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,

5. la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie,

6. la loi modifiée du 11 avril 1985 portant approbation de la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, ouverte à la signature à Vienne et à New York en date du 3 mars 1980,

7. la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne,

8. la loi du 20 juin 2001 sur l'extradition,

9. la loi du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne,

10. la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale,

11. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier,

12. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier,

13. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances,

14. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat,

15. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat,

16. la loi modifiée du 10 juin 1999 relative à l'organisation de la profession d'expert-comptable,

17. la loi du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit,

18. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives,

19. la loi modifiée du 17 mars 1992 portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988,

20. la loi modifiée du 14 juin 2001 portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990,

21. la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'enregistrement et des domaines

- vu le projet de loi 6168

- portant approbation de la Convention pour la répression d'actes illicites contre la sécurité de la navigation maritime, faite à Rome le 10 mars 1988, et du Protocole pour la répression d'actes illicites contre la sécurité des plates-formes fixes situées sur le plateau continental, fait à Rome le 10 mars 1988;

- et modifiant la loi du 14 avril 1992 instituant un code disciplinaire et pénal pour la marine

invite le Gouvernement

- à présenter à la Chambre des Députés un bilan de l'application des nouvelles règles en la matière au début de l'année 2012;

- à associer étroitement la Commission juridique de la Chambre des Députés à l'évaluation de ce bilan.

(s.) Jean-Louis Schiltz, Xavier Bettel, Félix Braz, Jacques-Yves Henckes, André Hoffmann, Lucien Lux.

Ech mengen, de Minister huet och schonn an der Kommissioun ugedeit, dass e mat där Motioun absolut kee Problem huet. Ech hunn déi Motioun elo presentéiert.

Ech géif soen, dass jiddwereen am Kader vun der Debatt, déi nach suivéiert, wann e wëllt dozou ka Positioun huelen, an da géife mer och herno iwwert déi Motioun, déi scho fënnef Ënnerschrëften dréit, kënnen ofstëmmen.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech soen dem Här Rapporteur Gilles Roth Merci fir seng verschidde Rapporten. Als éischte Riedner zu all deene Rapporten ass den honorabelen Här Xavier Bettel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Éischt hei dem Gilles Roth an dem Jean-Louis Schiltz Merci soe fir déi detailléiert Rapporten, déi se hei gemaach hunn. Ech wäert och net wëllen op all eenzelne Projet de loi agoen. Mä erlaabt mer, dass ech just e puer Remarquë maachen iwwert déi verschidde Projeten.

Mir wëssen, Här President, dass hei eng gewëssen Urgence besteet, fir dës Texter ofzestëmmen. Wat ee ka wonneren, ass, wann ee gesäit, dass mer et och hei mat enger Ratifikatioun vun enger Konventioun ze dinn hunn, déi aus dem Joer 1988 staamt, also déi elo schonns 22 Joer al ass. Mir hunn och de Moie gesot kritt, dass dës Konventioun deemools Lëtzebuerg och net ënnerschriwwen huet an och net ratifizéiert huet. Mä, wann ee bedenkt, dass déi schonn '88 war. Wat ass alles '88 geschitt? De Mitterrand huet d'Pyramide du Louvre inauguréiert. De Reagan huet de Gorbatschow ënnerstëtzt, well en a Russland wollt Mesurë maachen. Déi Konventioun vun deemools kënnt haut an d'Chamber a fënnt de Wee, fir hei an d'Législatioun ze kommen.

Et ass allerdéngs net déi Konventioun, Här President, an dat muss een ervirhiewen, déi der Commission juridique an dem Statsrot Kappzerbrieches bereet huet, mä haaptsächlech de Projet de loi 6163 iwwert d'Lutte contre le blanchiment et le financement du terrorisme. An och de Projet de loi iwwert d'Entraide judiciaire.

D'Commission juridique, grad wéi de Statsrot, hu missen eng ganz Rei Ëmännerungen a Verbesserunge virhuelen. An dat a relativ ganz kuerzer Zäit. Ech muss Iech och soen, Här President, dass den Här Schiltz als Rapporteur och an deenen éischte Sitzunge seng Meenung verteidegt huet, an am Numm vu senger Fraktioun, oder op jidde Fall eng juristesch Meenung, déi een deele konnt. Déi een deele konnt, well se Garant war vu Prinzipien, déi mer hei am Land hunn. An ech wäert duerno méi an den Detail goen. A wann deen Text bliwwe wier, esou wéi d'Regierung en déposéiert hat, hätte mer haut ganz vill Schwieregkeeten, fir en ze stëmmen.

Här President, den Drock war grouss respektiv ass nach grouss. A mir wëssen net, wéi et weidergeet, ob en net nach grouss bleift. Nämlech déi gro Wollek iwwer eisem Land, déi vum GAFI, dass d'Lëtzebuerger nees op eng gro Lëscht kommen, an dass fir déi Länner, deenen hir Législatioun der OCDE hier no net konform mat internationale Kritäre wier, nees de Risque besteet, op esou eng Lëscht ze kommen.

Et ka keen engem haut d'Garantie ginn, dass mer - och mat deenen Texter, déi mer hei haut stëmmen - iwwerhaapt net op eng gro Lëscht kommen. An ech ka mer kaum virstellen, dass de Minister och ka soen: Ech verspriechen Iech mat deenen Etappe vun haut, dass mer d'Garantie hunn, dass mer net op déi gro Lëscht kommen. Mä mir hunn zesummen, esou wéi et och schonn d'Rapporteure gesot hunn, gekuckt, fir esou wäit dem GAFI entgéintzekommen, fir ze kucken net op déi gro Lëscht ze kommen.

Mir wëssen, an do widderhuelen ech dat, wat mäi Kolleeg, de Claude Meisch, och gesot huet, wéi mer d'Interpellatioun iwwert d'Finanzplaz hei haten, dass mer beméit sinn, well mer d'Aktivitéite vun dëser och an Zukunft hei zu Lëtzebuerg nach mussen développéieren. An eisen Image als international Finanzplaz muss soignéiert ginn.

An nach gëschter, Här President, net méi wäit wéi gëschter krute mer an der Finanzkommissioun gesot, wéi wichteg d'Bankeplaz, d'Assurancen hei zu Lëtzebuerg sinn. A wann ee weess, wann een op eng gro Lëscht komm wär, wat dat fir Niewewierkungen hätt mat sech kënne bréngen, da muss ee sech bewosst sinn, dass et net vill Choix gëtt, fir dat heite mat Jo ze stëmmen. Mir kënnen eis et awer net erlaben, dass periodesch mam Fanger op eis gewise gëtt an dass mer als Steierparadäis oder als schlechte Schüler am Kampf géint d'Wäisswäsche vu Suen dohinnergestallt ginn.

Mir wëssen, Här President, dass dës Gesetzännerungen - et sinn 21 Gesetzer am Ganzen, déi geännert ginn - eng Reaktioun an eng Äntwert op den drëtte Rapport d'évaluation mutuel vum GAFI sinn. Dëse Rapport, deen dëst Joer am Februar veröffentlecht gouf, huet fir vill Opreegung hei am Land gesuergt; an net nëmmen am politesche Milieu. Ma am politesche Milieu hunn och d'Regierung a virun allem de Justiz- an de Finanzministère gereizt op dës Publikatioune reagéiert. Per Communiqué ass zum Beispill bedauert ginn, dass dëse Rapport esou kritesch an - ech zitéieren - „esou exzessiv negativ" ausgefall ass.

Mir stellen als DP fest, d'Regierung reagéiert am Nachhinein op e Rapport, deen eis scheinbar aus heiterem Himmel wéi eng Bomm op de Kapp geflu kënnt. De GAFI, et huet ee bal d'Impressioun, ass eng héijer Muecht, déi mam Zorn Gottes hir Blëtzer op dat klengt Lëtzebuerg gehäit.

(Interruption)

Ass dat wierklech esou, Här President? Wat ass de GAFI eigentlech? De GAFI, de Groupe d'action financière, ass näischt aneschters wéi den intergouvernementalen Organismus, deen 1989 um G7 zu Paräis gegrënnt gouf, a wou Lëtzebuerg säit 1990 Member ass. Et ass de Lëtzebuerger Finanzministère, deen den Haaptreprésentant an eiser Delegatioun beim GAFI ass! Mir sëtzen deemno als Lëtzebuerger Land a Regierung mat un deem Dësch.

D'Demokratesch Partei, Här President, huet Schwieregkeeten, der Regierung hir Attitüd nozevollzéien. Et gëtt esou gemaach, den Dag vun der Publikatioun vum GAFI-Rapport, wéi wann een aus alle Wolleke géif falen, an da gëtt reagéiert. Ass et dann net méiglech, am Virfeld schonn ze agéieren, amplaz spéider ze reagéieren?

Déi Normen an international Standarde gi jo gemeinsam ausgeschafft. Et misst jo méiglech sinn, proaktiv ze kucken, dass een deenen Normen och gerecht gëtt. Ech ginn emol dovunner aus, dass dat och de Souci vun der Lëtzebuerger Regierung ass.

Déi géigesäiteg Evaluatioun innerhalb vum GAFI ass wichteg a richteg. Deen Exercice wëlle mer och net a Fro stellen. D'Fro, Här President, déi een awer kann an de Raum stellen, ass déi, firwat d'Resultater an d'Konklusioune vun dëser Evaluatioun scheinbar ouni Wësse vun deem concernéierte Land öffentlech gemaach ginn an esou riskéieren, am Fong dem Image vun engem Land ze schueden.

Esou e Rapport, wéi deen am Februar, ass Waasser op d'Mille fir déi, déi eist Land gären als Steierparadäis duerstellen. Ech wëll net falsch verstane ginn: Mir sinn net der Meenung, dass esou Konklusioune solle vertuscht an ënnert den Teppech gekiert ginn, mä et misst dach awer machbar sinn, dass ee sech an deem intergouvernementale Kader vum GAFI géigesäiteg concertéiert an dass een als concernéiert Land informéiert gëtt a ka seng Législatioun dann deementspriechend adaptéieren, ier een an enger zweeter Phas dann Effortë vun deem Land öffentlech jugéiert.

De deux choses l'une, Här President, entweder esou ass d'Prozedur innerhalb vum GAFI, an dann ass d'Attitüd vun der Regierung ëmsou méi hypokritesch, oder hei ass en Ëmdenke vun der Aarbechtsweis vum GAFI ze fuerderen.

Mir mussen, Här President, dat huet d'DP jo och an hirem Finanzpabeier ënnerstrach, alles druginn, fir e proppert Bild vun eiser Finanzplaz ofzeginn a keen Zweifel opkommen ze loossen un eisem Bestriewen, kriminell Machenschaften, d'Wäisswäsche vu Suen aus dubiose Geschäfter an d'Finanzéierung vun dem Terrorismus ze bekämpfen. Duerfir muss och d'Surveillance vun eisem Finanzsecteur esou gutt wéi méiglech organiséiert ginn.

Elo ass et awer esou, dass mer mat deem Rapport vum GAFI eng Rei Saache reprochéiert kréien, esou zum Beispill de Fait, dass zum Zäitpunkt vun der Evaluatioun d'Personnes morales net um penale Plang responsabel waren. Dat huet entre-temps geännert; woubäi - ech wëll awer drun erënneren - d'Gemenge weiderhin net penal responsabel gemaach ginn. Ech wëll elo net am Detail op all Kritikpunkten a Verbesserungsvirschléi agoen.

Allgemeng gëtt de Lëtzebuerger Kontrollsautoritéite virgeworf, relativ wéineg Kontrollen ze maachen, awer och, dass bis elo nach keng eenzeg Sanktioun am Beräich Wäisswäschen an Terrorismusfinanzement infligéiert gouf, géint d'Professions juridiques et comptables. Doraus schléisst dann de GAFI, dass eise System ineffikass ass, well en dovunner ausgeet, et ass e Préjugé défavorable, dass net hei alles am grénge Beräich wier.

Dat Argument am Fong, fir ze soen, keng Sanktioun, ass och net effikass, muss awer a Fro gestallt ginn. Wa keng Infractioun festzestellen ass, kann ee jo awer och keng Sanktioune prononcéieren.

Mam Projet de loi 6163 beréiere mer souwuel de penalen Domän wéi och de Finanzsecteur. Déi prozedural Moyenë gi renforcéiert, verschidden Infractioune gi preziséiert, den institutionelle Kader vun de Kontrollsautoritéite gëtt renforcéiert. Déi zwee Rapporteure sinn am Detail schonn op déi eenzel Punkten agaangen, an ech erspuere mer dat elo hei. Just e puer Remarquen.

Mat de Modifikatiounen am Code d'instruction criminelle, déi d'Regierung proposéiert hat, gouf de fundamentale Prinzip vun der Opportunité des poursuites a Fro gestallt. Dat huet nieft dem Statsrot och de Barreau kritiséiert. Dëse Prinzip gouf finalement vun der Commission juridique bäibehalen, wat an eisen Aen och richteg ass. Et si verschidde Punkten, wou ee kéint och nach méi an den Detail goen.

D'Lëscht vun den Terroristen. Wéi geet dat? Huet een do d'Recht, awer virdrun informéiert ze ginn oder op d'mannst geheiert ze ginn, ier Sanktioune gesprach ginn? Do woren och länger Diskussiounen an der Kommissioun.

Mir hunn iwwert d'Kontroll vun den Douanë geschwat, wou mer gesot kritt hunn, dass Der an de Fligeren a verschiddene Länner musst en Ziedel a priori ausfëllen, ier Der an d'Land kommt, wou Der deklaréiert, wann Der eng gewësse Valeur hutt. Ob dat net eng Opportunitéit wier, och esou eppes ze offréieren, dat heescht, dass d'Méiglechkeet besteet fir deen, deen a Lëtzebuerg erafiert, dass e kann ab initio am Fliger schonn deklaréieren: „Ech hunn esou vill Suen", an dass en do deen Ziedel kann ofginn, an dass en dann net ertappt gëtt oder e carrément net wosst, wat en huet dierfen oder wat en net huet dierfen.

Zur sougenannte Mini-Instruktioun. Mir sinn och der Meenung, dass een hei muss oppasse bei esou vereinfachte Procédured'instructionen. An déi dierf ee virun allem net generaliséieren. Eng Prozedur nämlech, wou d'Rechter vun der Verteidegung par rapport zum Parquet ganz limitéiert sinn. D'Kommissioun huet notamment eng Zäitlimite vun esou Mini-Instruktioune proposéiert.

Mir sinn als DP och der Meenung, dass sech eng méi déif gräifend Reform vun der Instruction préparatoire imposéiert, mä awer och vum Code pénal. An de Minister huet et ugekënnegt. Ech wier och frou, well eng Mini-Instruktioun, ass dat fir Mini-Delikter? Neen, et ass souguer e Crime dran. Mir krute vum Procureur général erkläert, de Faux fält och drënner. De Faux ass an eiser Législatioun nach e Crime.

Do krute mer geäntwert: Jo, mä dat gëtt meeschtens correctionnaliséiert vun der Chambre du conseil. Certes! Mä wann et dann e schlechten Text ass, dann ass et och besser, dass mer gutt Gesetzer hunn an dass mer dat och sollen änneren an dann hei vum Gesetz vum Législateur aus en Text sollen dekriminaliséieren, wann et souwisou duerno um Geriicht esou applizéiert gëtt.

Här President, de Statsrot huet och Problemer a puncto Dateschutz bei der Zesummenaarbecht tëschent Autorités de surveillance an der CRF ausgemaach. Et ass dofir extrem wichteg, dass genau preziséiert gëtt, a wéi enge Fäll esou eng Kooperatioun sech opdrängt. Den Ordre des avocats huet och zu Recht kritiséiert, dass de Secret professionnel vun den Affekoten hei a Fro gestallt ginn ass. D'Commission juridique huet dat richtegerweis redresséiert. D'Fro, ob d'CRF en onofhängegt Organ par rapport zum Parquet soll sinn oder wéi et virgesinn ass, ass och opgeworf ginn.

Mam Projet de loi 6017 iwwert d'Entraide judiciaire ginn eng Konventioun aus dem Joer 2000 an e Protokoll vun 2001 approuvéiert. Des Weidere ginn Dispositioune vum Code d'instruction criminelle geännert. Dat Ganzt schreift sech an an d'JAI-Politik, déi mer hei bei der Diskussioun iwwert de Stockholmer Programm en long et en large schonn debattéiert hunn.

Mir hunn deemools op d'Risike vun esou enger ëmmer méi enker Zesummenaarbecht tëschent deene verschiddene Policen a Juridictiounen higewisen. Risiken, déi den Dateschutz concernéieren, awer och individuell Fräiheeten. Mir hunn op Prinzipië wéi Proportionalitéit a gesondem Équiliber tëschent Terrorismusbekämpfung an individuelle Fräiheete gepocht.

An dësem Fall geet et ëm d'Bankdaten. An et ass notamment e spontanen Informatiounsaustausch virgesinn, ouni dass den Titulaire vun deem concernéierte Kont informéiert gëtt. Och gëtt d'Interceptioun vun Telekommunikatioune viséiert. Et gëtt drop higewisen, dass esou Mesuren nëmme kënnen ageleet ginn, wann dräi Konditioune gläichzäiteg erfëllt sinn.

Déi éischt, dass d'Faiten, fir déi ee kann inculpéiert ginn, mussen «d'une gravité particulière» sinn, sprëch enger Strof vu mindestens zwee Joer Prisong entspriechen. Ech muss Iech nach eng Kéier soen, Här President, dass eis Fraktioun éischter der Meenung ass, dass een net soll vu Minimum Peine d'emprisonnement schwätzen, mä eng Lëscht ass ëmmer méi kloer - mir hunn dat schonn e puermol gesot -, wéi wann een einfach zwee Joer Prisong hëlt. Wa mer nach eng Kéier géifen de Code pénal kucken, op wat fir Infractiounen heiansdo zwee Joer Prisong stinn, da wier een och iwwerrascht.

Zweetens musse probant Inidizië bestoe géint déi Persoun, déi ze iwwerwaachen ass.

An drëttens, all aner normal Investigatiounsmoyenë mussen erschöpft sinn, ier een op weider Moyenen zréckgräift. De Statsrot bezweifelt allerdéngs, ob d'Konditiounen zwee an dräi iwwerhaapt iwwerpréifbar sinn. Dës sinn doropshi fale gelooss ginn. Dëst ass eigentlech ze bedaueren. Mir mengen, dass eleng déi éischt Konditioun net duergeet. Iwwert de Seuil vun zwee Joer léisst sech diskutéieren. Sou wéi ech Iech gesot hunn, wier eng Lëscht fir eis besser gewiescht.

Wat och ganz wichteg ass, Här President, an deem heiten Text: Et däerf dobaussen net d'Gefill opkommen, wéi wann de Banquier oder den Affekot de verlängerten Aarm wär vun der Police oder vum Parquet. Well deen een oder deen anere kéint elo mengen, dass déi Vertrauenspersoun, wéi de Banquier oder wéi den Affekot, wou ee sech confiéiert, duerno am Fong der Persoun am Réck misst Saachen der Police oder Justiz weiderginn. Et muss ee soen, dass dat heite just an extreme Fäll ass. Well wann dobaussen d'Gefill opkënnt, dass den Affekot oder de Banquier mat den Organisation-judiciairen oder mat den internationalen Organisatiounen Informatiounen austauscht, ouni dass de Client informéiert gëtt, kann dat e Vertrauensbroch sinn, deen op jidde Fall och ka schueden.

Wichteg, Här President, ass awer fir eist Land, dass och eist Land refuséieren däerf, dass déi gesammelt an transmettéiert Informatiounen an engem anere Kader kënne gebraucht ginn.

Wat d'Informatiounsflicht vun de Finanzinstituter vis-à-vis vum Untersuchungsriichter iwwer e Client betrëfft, esou sinn hei och eng Rei Konditiounen ze respektéieren. Esou eng Mesure däerf nëmmen à titre exceptionnel duerchgefouert ginn a muss eng vun deenen opgelëschten Infractioune concernéieren. De Statsrot huet esou eng Lëscht kritiséiert. Mir net.

Zu der Konventioun iwwert d'Sécurité de la navigation maritime kann ee soen, dass Lëtzebuerg dat eenzegt Land an der EU ass, dat dës Konventioun nach net ratifizéiert hat, an dass am Joer 2005 en zweete Protokoll schonn ausgeschafft gouf an och nach net an nationaalt Recht ëmgesat gouf.

Här President, ech kommen zur Konklusioun. Lëtzebuerg muss sengen internationalen Obligatiounen nokommen. Eis Finanzplaz brauch e gesond an e rouegt Ëmfeld, a mir kënnen eis keng nei Attacken oder esou eng gro Lëscht méi leeschten. Mir si stänneg amgaangen, eis ze verteidegen an ze reagéieren amplaz proaktiv ze agéieren. Mir hunn och mat dësen Adaptatioune keng Garantie, dass mer net awer op déi gro Lëscht kommen.

D'Uerteel, ob mer elo konform sinn oder net, gëtt mat Spannung erwaart. Dëst ass eigentlech och déi falsch Approche. Mir wëllen a musse géint d'Wäisswäschen an d'Terrorismusfinanzéierungen ukämpfen an et däerf keen Zweifel opkommen. Déi néideg Mesurë musse geholl ginn. Et muss awer opgepasst ginn, dass exzeptionell Mesuren net generaliséiert ginn. Et mussen e puer élémentaire Prinzipië beuecht ginn, wéi déi vun der Verhältnisméissegkeet an dem Équiliber tëschent der Lutte an den individuelle Fräiheeten. Kampf géint d'Wäisswäschen heescht net, dass mer den Dateschutz sollen iwwer Bord geheien.

Här President, wéi ech virdru gesot hat, hate mer laang Diskussioune mat de Memberen - also mat der Madame Polfer, déi jo och an der Commission juridique sëtzt -, wou mer gesot hunn: „Wéi solle mer dann hei stëmmen? Wat ass méi wichteg?" Dunn hu mer an der Fraktioun mat eise Fraktiounskolleegen doriwwer diskutéiert a mir sinn zur Konklusioun komm, dass et einfach a populistesch wier, hei ze soen: „Mir stëmmen dat heiten net mat."

Här Minister, mir hunn als DP gesot - an dat hu mer jo och schonn an der Kommissioun gesot -, dass mer deen doten Text stëmme mat der Conditio sine qua non, dass eng Motioun déposéiert gëtt, wou gekuckt gëtt, no engem Joer e Bilan ze zéien, fir ze kucken, ob keng Dérapagen do sinn, a fir e Bilan kënnen ze zéien, wéi oft déi eng oder déi aner Mesure gebraucht ginn ass. Mat deene Garantien, mat där Motioun, déi den Här Schiltz ausgeschafft huet mam Här Roth, mat deene Bemierkungen, déi mer gemaach hunn, stëmme mer - net mat Freed, Här Minister, mä - léiwer haut mat jo wéi muer mat gro!

Plusieurs voix.- Oh, très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Bettel. Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Klein agedroen. Här Klein, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean-Pierre Klein *(LSAP)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6163 iwwert de Kampf géint de Blanchiment an de Finanzement vum Terrorismus ass ganz ambitiéis a modifizéiert insgesamt 21 Gesetzestexter. Dofir haten déi zwee Rapporteuren hir Hänn voll, fir en a kuerzer Zäit, mä mat vill Kompetenz zu engem gudden Enn ze bréngen. Hinne Merci fir hir gutt Aarbecht a besonnesch fir hir effikass Explikatiounen an der Commission juridique, déi och zu spannenden Diskussiounen Ulass ginn hunn.

Den drëtte Rapport d'évaluation mutuelle vu Lëtzebuerg iwwert de Kampf géint d'Wäisswäsche vu Geld a géint de Finanzement vum Terrorismus ass den 19. Februar 2010 vum GAFI - Groupe d'action financière - ugeholl ginn. De Rapport evaluéiert déi Beräicher op d'Konformitéit mat den internationale Standarden an an dësem Projet de loi geet et drëm, dass Lëtzebuerg sech un déi Normen upasst.

D'Rapporteuren hunn am schréftlechen an am mëndleche Rapport alles am Detail exposéiert. Ech wollt nach zu e puer Punkten eppes soen.

Den éischten Deel vum Projet de loi handelt iwwert d'Ofännerungen an Abrogatioune vu Gesetzer aus dem Strofberäich, dem Finanzsecteur, dem Versécherungswiesen an aner opgezieltene Beruffer. Am Artikel 10 vum Projet de loi ass Kloerheet geschaf ginn, wat den zweeten Alinea vum Artikel 3 vum Gesetz vum 8. August 2000 iwwert d'Entraide judicière ubelaangt, dee seet: «Sous réserve des dispositions prévues par des conventions, toute demande d'entraide est refusée si elle a exclusivement trait à des infractions de taxes et d'impôts, de douane ou de change en vertu de la loi luxembourgeoise.»

Dat Wuert „exclusivement" ass erakomm. Dat ass geschitt opgrond vun enger Recommandatioun vum GAFI wat de Refus vun der Entraide fir d'Infractiounen um Plang vun de Steieren ugeet. Domat ass gekläert, dass Lëtzebuerg d'Obligatioun huet, fir d'Entraide ze accordéieren, wann hir Demande accessoirement Steierfroe betrëfft, déi sech aus internationale Konventiounen erginn. Sou huet de Statsrot dat och gesinn.

Den Artikel 2 vum Projet de loi gesäit vir, fir den Artikel 24-1 vum Code d'instruction criminelle ze modifizéieren. Wat an der Commission juridique zu haarden Diskussiounen Ulass ginn huet, war d'Aféierung vun der Mini-Instruktioun, de Regime vun der vereinfachter Instruktioun. Dës Fro ass vum Barreau a vun der Chambre de Commerce ugeschnidde gi wéinst den Droits de la défense, ouni dass awer de Conseil d'État dozou eng Opposition formelle gemaach hat. D'Kommissioun huet den Text amendéiert mëttels zousätzleche Garantië fir den Droit de la défense. Allerdéngs sollen dann am Kader vun der Revisioun vun der Instruction préparatoire dës Rechter weider ënnermauert ginn.

Am zweeten Deel vun dësem Projet de loi gëtt d'Kontrollrecht vun der Douane ausgebaut, wat d'Deklaratioun vum flëssege Geld betrëfft. Do ass och e Sockel vun 10.000 Euro virgesinn, déi ee muss à l'intérieur vun der Europäescher Unioun op Demande hin deklaréieren. Déi Deklaratioun ass obligatoresch bei der Entrée an der Sortie vun der Europäescher Unioun. Bei Infractiounen an dësem Fall - dat muss een ënnersträichen -: De Prinzip vun der Konfiskatioun an der Amende mussen dem Proportionalitéitsprinzip entspriechen.

Den drëtte Volet gesäit vir, wéi d'Ëmsetzung vu Resolutioune vum Sécherheetsrot vun der UNO a vum Ministerrot vun der Europäescher Unioun soll geschéien, déi Interdictiounen a Contrainten enthale fir verschidde Staten, politesch Regimer, Persounen oder Gruppen. Dat Ganzt laut enger Recommandatioun och vum GAFI. De Règlement grand-ducal spillt op dësem Plang eng maassgeblech Roll.

Voilà, dës komplex Législatioun verstäerkt de Kader, de legale Kader fir géint de Blanchiment a géint de Finanzement vum Terrorismus unzegoen. Lëtzebuerg ass sécherlech drun interesséiert, fir un dësem sensibele Beräich matzeschaffen, wéi all seng Partner dat och musse maachen. Dëst ass och e Gesetz, wat et erlaabt, fir schnell ze reagéieren, an dass awer d'Droits de la défense respektéiert ginn.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Et ass schued, dass dëst Gesetz, wéi och déi zwee aner, déi mer haut hei zur Diskussioun hunn an déi déiselwecht prinzipiell Zilsetzung hunn, dass mer hu misse schnell handelen an der Commission juridique, an dass se esou schnell no hirem Dépôt hei hu missen an de Plenum kommen. Et ass net vill Zäit bliwwen, fir dat Ganzt mat méi enger grousser Grëndlechkeet ze evakuéieren. Mä trotz allem ass dat hei och en effikasst Gesetz, fir géint de Blanchiment ze kämpfen, géint de Finanzement vum Terrorismus ze kämpfen, an dofir gëtt eis Fraktioun hiren Accord zu dësem Projet de loi.

De Projet de loi 6017, dee mer haut wäerten hei stëmmen, ënnersträicht de Wëlle vu Lëtzebuerg, d'Bereetschaft, fir sech fir d'Verbesserung vun der Entraide judiciaire mat anzesetzen.

Mir hu schonn am Joer 2000 e Gesetz hei gestëmmt, wou et drëm geet, fir déi organiséiert Kriminalitéit mat Effikassitéit ze bekämpfen, an zwar an enker Zesummenaarbecht tëschent de Staten.

Dat Gesetz regléiert autonom a generell déi intern Prozedur fir déi international Commission rogatoire an am Besonneschen d'Perquisitiounen an d'Saisien. Dëse Projet de loi schreift sech an an den drëtte Pilier vum Traité vu Maastricht, deen ëmgeännert ginn ass duerch den Traité vun Amsterdam a wou déi betreffend Problematik elo heescht: „Dispositions relatives à la coopération policière et judiciaire en matière pénale".

An der Europäescher Unioun huet d'Zouhuele vun der fräier Zirkulatioun vun de Gidder, de Persounen, dem Kapital an den Informatioune sécherlech e positiven Effekt op de wirtschaftlechen Austausch. Op där anerer Säit huet dat awer och en Impakt op d'Uwuesse vun der grenziwwerschreidender Kriminalitéit. Ëmsou méi noutwendeg ass d'Entraide judiciaire, fir d'grenziwwerschreidend Kriminalitéit ze bekämpfen, hir virzebeugen, fir d'Täter ze identifizéiere vun Infractiounen, déi op den nationalen Territorië begaange gi sinn, fir d'Produitë vun deenen Infractiounen ze beschlagnahmen a fir Bewäismaterial ze kréien. Dozou muss e Stat da reagéiere kënnen, usprieche kënnen, fir dass d'Staten een deem aneren hëllefen. An et muss onbedéngt jiddweree sech op jiddwerengem seng Mathëllef kënne verloossen.

D'Ëmsetzung vun der Konventioun vun 2000 an dem Protokoll vun 2001 - deen dozou gehéiert - iwwert d'Entraide judiciaire am Strofrecht tëschent de Memberstate vun der Europäescher Unioun ass e wesentleche Schratt an déi Richtung. Si weise jo och, dass dat, wat bis elo besteet, net duergaangen ass, souguer, wann d'Konventioun an hirer Präambel zréckhält: «exprimant leur confiance dans la structure et le fonctionnement de leurs systèmes juridiques et dans la capacité de tous les États membres de garantir un procès équitable».

Et muss ee schonn unerkennen, dass d'Coopération judiciaire tëschent de Memberstaten nach verbesserungsbedürfteg ass. Et ass am gemeinsamen Interessi vun de Memberstaten, fir sech déi néideg Mëttelen ze ginn, fir d'Konditioune vun hirer Zesummenaarbecht ze verbesseren am Sënn vun der Repressioun vun enger grenziwwerschreidender organiséierter Kriminalitéit.

D'Vereinfachung vun der Entraide judicière, d'Upassung vun de Prozeduren un déi nei Technologien, de Gebrauch vu moderne Mëttele si luewenswäert Zilsetzungen an dësem Projet. D'Konventioun iwwert d'Entraide judicière stellt e wesentleche Fortschrëtt duer an der europäescher geriichtlecher Zesummenaarbecht. Si schaaft méi eng breet Dimensioun, verbessert d'Prozeduren a moderniséiert d'Instrumenter.

Favoriséiert gëtt d'Coopération judiciaire duerch déi direkt Entraide, duerch déi direkt Transmissioun vun den Demandes d'entraide vu Geriichtsautoritéit zu Geriichtsautoritéit. De Prinzip vun der Applikatioun vun enger Prozedur vum État demandeur obligéiert déi aner Memberstaten, ënnert der Konditioun selbstverständlech, dass se net géint hir fundamental Prinzipien ass.

D'Konventioun moderniséiert d'Instrumenter vun der Entraide duerch verschidden Techniken. Si gesäit vir, dass d'Entraide ka Form huele vu Livraisons surveillées ou investigations sous couverture, Infiltratioun. Nach eng aner Méiglechkeet, déi vun der Konventioun opgemaach gëtt, déi ganz bestëmmt effikass ka sinn: d'Opstellung vun Équipes communes d'enquête vun zwee oder méi Staten, fir op hiren Territorien ze enquêtéieren.

D'Zréckgräifen op déi nei Technologien ass an der Konventioun virgesinn, wéi d'Notzung vun der Videokonferenz, der Telekonferenz. E wichtege Volet ass virgesi fir d'Oflauschtere vun Telekommunikatiounen. Dat alles natierlech ënnert deenen néidege Garantien am Respekt vum Droit de la défense.

De Protokoll vun 2001 gesäit besonnesch zousätzlech Moossname vir am Beräich vun der Wäisswäscherei vum Geld an der Finanzkriminalitéit. Op deem Gebitt gëtt déi géigesäiteg Hëllef verstäerkt, wat d'Informatiounen ubelaangt, iwwert déi d'Banke verfügen. An dësem Kader sinn eis intern Gesetzgebungen, wéi de Code d'instruction criminelle an d'Gesetz vum 8. August 2000 iwwert d'Entraide judicière internationale en matière pénale, ugepasst ginn.

D'Prinzipië vun der Proportionalitéit an der Spezialitéit bleiwe bestoen. D'Droits de la défense gi garantéiert. D'Texter schafen déi néideg Instrumenter, dat néidegt Équipement, fir d'Geriichtsinstanzen effikass a schnell schaffen ze loossen.

D'Bankeplaz steet an engem gudde Liicht. Eng weider Garantie, dass den europäesche Bierger ka wierklech an engem Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Gerechtegkeet liewen. Et ass eng weider Ouverture fir d'Harmonisatioun vun de Prozeduren, wat eent vun den Haaptobjektiver vun der europäescher Konstruktioun ass.

Dëse Projet de loi besteckt d'Geriichtsautoritéite mat operationellen Instrumenter, fir déi grouss Kriminalitéit ze bekämpfen am Interessi vun de Bierger, ouni d'Droits de la défense an déi allgemeng Prinzipië vun de Mënscherechter ze verletzen. Duerfir gëtt och eis Fraktioun dozou hiren Accord.

Am Projet de loi 6168 geet et ganz besonnesch drëm, fir den Terrorismus um Mier, op der Schëfffahrt, op de Schëffer an de kontinentale feste Plattformen ze bekämpfen, op de Schëffer Sécherheet ze verschafe fir d'Équipagen an d'Passagéier virun terroristeschen Akten ze schützen an esou Aktiounen ze bestrofen.

D'Konventioun ëmräisst ganz genau, wat fir Zorte vu Schëffer a Fro kommen a wat fir Akte fir d'Repressioun a Betruecht gezu ginn. Wat d'Schëffer ubelaangt, do sinn et praktesch alleguer, souguer déi - wéi se genannt ginn - Bateaux de plaisance. Ausgeschloss sinn d'Krichsschëffer an d'Schëffer vum Stat, déi net fir eng kommerziell Betätegung bestëmmt sinn.

Wat d'Akten ubelaangt, déi vun der Konventioun viséiert sinn, sinn et déi, déi d'Sécherheet vun de Schëffer oder der Plattform gefährden. Net abegraff sinn d'Akte vum Équipage. Déi falen ënnert den normale Regime vun der Disziplin, déi ënnert d'Gesetz vum 14. Abrëll 1992 fält.

Et kann ee sech natierlech d'Fro stellen, wat fir en Interessi Lëtzebuerg huet, fir dës Konventioun an hire Protokoll ze ratifizéieren, well mir keen État côtier sinn. De Sécherheetsrot an enger Resolutioun, wéi och de Comité géint den Terrorismus hunn en Appel général gemaach, dass sollten all antiterroristesch Instrumenter ratifizéiert ginn, och vun deene Länner, déi net un enger Côte leien.

Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land aus der Europäescher Unioun, wat dës Konventioun a Protokoll nach net ratifizéiert huet. Mir hunn all Intérêt drun, fir ze ratifizéieren a fir eis domadder ënner anerem d'Méiglechkeet ze ginn, fir déi néideg Moossnamen ze ergräifen, wann engem vu senge Ressortissanten eppes géif op engem Schëff oder enger kontinentaler Plattform geschéien, kënnen och virgoen a verschiddene Fäll géint ee vu senge Ressortissanten, deen engem Schëff eng gestiicht huet, bezéiungsweis géint e Suspekten, dee sech op sengem Territoire befënnt.

Lëtzebuerg beweist och heiduerch eng Kéier méi duerch d'Ratifikatioun vun deenen internationalen Instrumenter seng Solidaritéit, géint den Terrorismus matzekämpfen.

Och zu dësem Projet de loi gëtt eis Fraktioun hiren Accord. An ech wëll do och nach widderhuelen, wat elo kuerz - an dat passt och an dee Kader - de Generalsekretär vun der internationaler Organisation maritime bei Geleeënheet vun der Journée mondiale de la mer 2010 gesot huet. Dat ass eng Äntwert op dat, wat do gesot ginn ass, en Appel gemaach u responsabel Politik: «Œuvrez à la ratification, à l'entrée en vigueur et à l'application de tous les instruments internationaux qui ont une incidence sur la sécurité et la sûreté des gens de mer ainsi que sur leurs conditions de vie et de travail. Montrez que

vous êtes véritablement à l'écoute de ceux qui se trouvent en première ligne.»

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen dem Här Klein och Merci. An ech géif als nächstem Riedner…

(Interruption)

…dem honorabelen Här Braz d'Wuert ginn.

M. Félix Braz *(déi gréng)*.- Merci, Madame Presidentin. Ech wäert fir déi gréng Fraktioun mech méi kuerz halen. D'Virriedner hunn, mengen ech, alles gesot, wat zum Procedere an och zum Fong vun dësem Projet ze soe war. Dat d'autant plus, wou ech mengen, dass mer eis an der Kommissioun am Fong alleguerten och eens waren. Et gëtt an dësem Dossier, mengen ech, op deenen allermeeschte Punkte keen Dissens, och wann déi eng oder aner Ried méi kritesch ass.

Ech mengen, an der Kommissioun ware mer eis alleguerten eens, dass et wichteg wier, sech un déi Virgabe vum GAFI och ze halen, fir ze évitéieren, dass Lëtzebuerg alt nees eng Kéier wéinst senger Finanzplaz op eng Lëscht kënnt, vun där et méi schwéier erofzekommen ass ënner Ëmstänn, wéi et ass ze évitéieren, fir dropzekommen.

Den Här Schiltz huet uganks vu senger Ried d'Fro gestallt, ob dat hei e Meeschterwierk wier. Wann d'Politik d'Konscht vum Machbaren ass, dann ass et eng Zort Meeschterwierk, wat mer gemaach hunn, Här Schiltz. Well ech mengen, dass mer alleguerte probéiert hunn, mat deene Virgabe vum GAFI, déi méi politesch wéi juristesch sinn, Texter ze maachen, déi, esou wäit et geet, weider op deene Prinzipië berouen, déi de Lëtzebuerger Rechtssystem ausmaachen. Prinzipien, déi mer probéiert hunn, an deenen Texter do bestoen ze loossen, a Prinzipien, wou mer eis, mengen ech, och alleguerte wäerten engagéieren, ze kucken an engem Joer, ob bei der Applikatioun vum Gesetz se respektéiert gi sinn oder ob déi Prinzipien awer musse frësch agepaakt ginn an agekleet ginn, fir dass se hei zu Lëtzebuerg kënne weider bestoen.

Et stëmmt, dass ganz vill Froen opgeworf gi sinn an den Diskussiounen. Déi Froen hunn och missen ënner Zäitdrock gestallt ginn. D'Froen hu missen ënner Zäitdrock beäntwert ginn. D'Commission juridique huet bis an den August era getagt a fréi am September mat zwou, dräi, véier Sëtzunge pro Woch - dat ass schonn aussergewéinlech -, esou héich war den terminlechen Drock. An hannert deem terminlechen Drock steet natierlech e politeschen Drock. Den Drock vum Rendez-vous, deen am Oktober ass um Niveau vum GAFI, wou Lëtzebuerg dann d'Äntwerte muss ginn, déi et op de Rapport vum Februar, de Rapport d'évaluation mutuelle vum Februar muss ginn.

Déi Kritiken, mengen ech, huet jiddweree gedeelt. Déi si komm aus der Kommissioun. Vill vun deenen huet den Här Schiltz als Éischte formuléiert. Och den Här Roth huet hei eng Rei Froen opgeworf. Deelweis och de Barreau, deelweis och Leit aus der Oppositioun, déi op deenen dote Froen, mengen ech, eng Identité de vues haten. An déi Äntwerten, déi mer ginn hunn, stellen - mengen ech - eis alleguerten net ganz zefridden. Mä mir hunn, mengen ech, och alleguerten d'Iwwerzeegung, dass et déi Äntwerte sinn, déi à ce stade méiglech sinn.

Et geet drëms, zum Deel ganz al Recommandatiounen ëmzesetzen aus dem Joer 1990. Déi 40 Recommandatioune vum GAFI sinn 1990 scho lancéiert ginn. Déi aner néng eréischt nom „nine/eleven".

Elo kann een natierlech d'Fro stellen, firwat hu mer esou laang dofir gebraucht - oder anescht: Firwat huele mer de GAFI elo esou eescht? Firwat hu mer de GAFI, deen net geännert huet, fréier net eescht geholl? Déi Fro kéint vläicht de Minister uschléissend a senger ofschléissender Äntwert heirobber ginn.

Dat huet wahrscheinlech eppes ze di mat der politescher Großwetterlage ronderëm dat klengt Lëtzebuerg. Mä d'Regierung, mengen ech, ass op déi dote Fro eng Äntwert schëlleg, firwat dass mer de GAFI déi lescht 20 Joer net esou eescht geholl hu wéi haut. Woubäi et och nach ëmmer Leit haut gëtt, déi mengen, dass mer bei dësen dräi Projeten Excès de zèle maachen. Leit, déi mengen, mir géifen hei de GAFI ze vill eescht huelen a mir géifen hei eng Rei Intérête vum Land ze liichtfankeg aus der Hand ginn, an déi mengen, mir hätten net esou richteg verhandelt, wéi et hätt kënne sinn.

Mir kënnen als gréng Fraktioun dat net bestätegen. Mir kënnen dat net aschätzen, well mer bei deene Gespréicher net mat um Dësch souzen. Wat mer awer kënne soen, ass, dass mir prinzipiell och der Meenung sinn, dass dat, wat hei geschitt, näischt Falsches ass.

Et entsteet e bëssen eng Duerstellung och heibannen, wéi wann alles, wat mer elo maachen, nëmme Saache wieren, géint déi ee sech misst wieren, wéi wann dat nëmme Saache wieren, déi mer probéiert hätten, esou wäit virun eis ze drécken, wéi et nëmme geet, well se alleguerte falsch wieren. Mir sinn als gréng Fraktioun net där Meenung. Mir sinn als gréng Fraktioun duerchaus der Meenung, dass et richteg ass am Kader vun den internationale Relatiounen, derfir ze suergen, dass Blanchiment verkomplizéiert gëtt, bis en net méi méiglech ass.

Mir mengen net, dass mir als Lëtzebuerger Bankeplaz sollen iergendwou an der Welt e Bäitrag dozou leeschten, dass Leit kënne Blanchiment maachen. Dat brauch een net ze wëllen. Et kann een och duerchaus d'Meenung vertrieden, dass déi Regelen, déi opgestallt gi sinn, am GAFI, bei aller Kritik un der Legitimitéit vum GAFI, deen aus dem G7 entstan ass, an dat huet Spillregelen, déi net ganz transparent sinn. Do ass méi d'Gesetz vum Staarken, wat gëllt, net onbedéngt allgemeng unerkannte Regelen, déi ee sech ginn hätt, wou all d'Länner mat därselwechter Stëmm géife schwätzen.

Et ass jo och bezeechnend, dass de GAFI net verbindlech Regele kann opstellen. Soss wier et - mengen ech - kloer, dass d'Vereenegt Staten zum Beispill mam GAFI ganz grouss Problemer hätten, wann déi Regelen d'office verbindlech wieren. Well se net verbindlech sinn, ass et méiglech, dass se Regelen édictéieren. An et kann ee vill Kritiken um Fonctionnement vum GAFI äusseren, mä et bleift an den Ae vun der grénger Fraktioun, dass déi Bestriewungen, och wa ganz vill Länner „hidden" Agendaen hunn, dass et awer ënnert dem Strëch net falsch ass, en Deel vun deem internationalen Effort ze sinn, fir verschidde Geschäfter méi schwéier ze maachen, voire onméiglech ze maachen. An et muss een net wëllen en Deel vu Blanchiment sinn.

Et kann een duerchaus soen, dass dat eng gutt Saach ass, wann ee sech international kann dorobber verstännegen, dass de Blanchiment méi schwéier gemaach gëtt, an dass, ech géif net soen de Finanzement vum Terrorismus, mä d'Benefisser, déi realiséiert gi beim Finanzement vum Terrorismus, dass déi schwéier gemaach ginn, voire onméiglech gemaach ginn. Et ass also net nëmmen eng schlecht Saach, dat, wat hei geschitt.

Mir menge souwisou als gréng Fraktioun, dass, wann ee vun der Bankeplaz schwätzt, d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Bankeplaz, déi weiderhi ganz wichteg fir eis ass, net nëmmen haut, mä déi bleift vun enger primordialer Wichtegkeet fir Lëtzebuerg, dass déi Zukunft net doranner besteet, sech un esou Saache wéi Blanchiment oder Finanzement vun Terrorismus ze bedeelegen. Dass et net doranner besteet, bis dee leschten Dag op all Ressort vum Bankgeheimnis wëlle sech ofzefiederen, mä dass mer mat ganz aneren Initiativen, mat anerem Know-how, mat anere Produiten, mat anere Finanzproduiten, domadder solle mer an Zukunft probéieren, d'Lëtzebuerger Bankeplaz attraktiv ze halen.

Dat sinn déi Diskussiounen, déi et derwäert sinn, gefouert ze ginn am Beräich zum Beispill vun deem, wat een „green tag" nennt. An am Beräich vun der Fongenindustrie, och en rapport mat der sougenannter „green tag", do si formidabel Felder, déi et ze erschléisse gëtt fir d'Lëtzebuerger Bankeplaz. Wa mer géifen domadder d'Haaptsaach vun eiser Energie an den nächste Jore ronderëm d'Diskussioun vun der Bankeplaz verbréngen, menge mir, hätte mer wierklech eppes gemaach. A mir kënnen och dann nach ëmmer eng Bankeplaz hunn a weltwäit duerstellen, fir déi ee sech net muss schummen.

Dass mer haut op de Wee vun deene Recommandatioune ginn, hale mir, wéi gesot, prinzipiell net fir falsch. Et ass méi d'Aart a Weis, wéi et zustane kënnt. Et ass méi, ob een et fäerdeg bréngt, dat mat eisen allgemeng gültege Rechtsprinzipien op een Nenner ze bréngen, wat d'Schwieregkeet duergestallt huet. Mir mengen net als gréng Fraktioun, dass mat dem Vote vun dësen dräi Projeten e Verrot un der Bankeplaz begaange gëtt.

Duerfir wäerte mer awer och déi Motioun, déi mir jo mat als gréng Fraktioun och ugereegt hunn - soe mer emol esou -, selbstverständlech mat stëmmen. Well mer duerchaus mengen, dass mer an engem Joer vläicht Matière hunn, fir e Bilan ze maache vun der Applikatioun vum Gesetz an dass mer et da vläicht nach eng Grëtz méi reng a méi fein an dofir och méi richteg kënne formuléieren.

Dat gesot, bréngen ech d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Très bien!

Mme le Président.- Ech soen dem Här Braz och Merci. An ech ginn dann als nächstem Riedner dem honorabelen Här Henckes d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Madame Presidentin. Mir hunn haut dräi Projet-de-loien ze diskutéieren, vun deenen den Här Rapporteur, den Här Jean-Louis Schiltz, mat Recht gesot huet, et wier kee Meeschterwierk, wat do virgeluecht gëtt, mä eng Meeschterleeschtung. Ech wëll him och Merci soe fir säin exzellenten an detailléierte juristesche Rapport, grad wéi och dem Rapporteur, dem Gilles Roth, déi ons hei ganz vill Explikatioune ginn hunn an och drop higewisen hunn, datt mer an der Commission juridique zesumme mam Minister a mam Parquet ganz vill Diskussiounen haten an och leider hu missen an der Urgenz schaffen.

Wat een hei muss bedaueren, dat ass, wann ee vun Diskussioune schwätzt, déi mir ënner ons ganz fair a fein gemaach hunn an der Commission juridique mat allen interesséierte Parteien, da muss een ëmmer bedaueren, datt de GAFI anscheinend aner Méthodes de discussion huet. Mir wëllen direkt ganz kloer soen, datt d'ADR an datt onst Land all Dispositioune muss treffen, fir legislativ, strofrechtlech géint Terroriste kënne virzegoen. Datt déi Leit, déi Drogegelder wäisswäschen, an de Prisong gehéieren, ech mengen, dat si ganz evident Saachen, déi awer och musse gesot ginn, a wou mer also mam Prinzip vun der Législatioun keng Schwieregkeeten hunn, fir op dee Wee ze goen.

D'Fro, déi ee sech just stelle muss: Brauche mer dann elo eng Législatioun, vun där mer der Iwwerzeegung sinn, datt mat der bestehender Législatioun op jiddwer Fall hei zu Lëtzebuerg keng Drogegelder wäissgewäsch ginn a keng Terroristegelder transitéieren? De GAFI geet vun der Iddi aus, datt deem net esou ass, oder datt deem net kéint esou sinn. An da mécht en eppes, datt en ons seet, datt, wa Lëtzebuerg dat doten net ëmsetzt, da kéim Lëtzebuerg - an d'Finanzplaz an all Awunner - hei op eng gro Lëscht. A wat dat heescht, wann ee wëllt Suen an d'Ausland iwwerweisen, wat dat heescht, wann een op internationale Flughäfe muss duerchgoen, da wäert ee sech ongeféier virkommen, wéi wann een a Kolumbien gebuer wier.

Ech mengen, dat ass d'Aart a Weis, wéi hei de GAFI d'Saach ugeet. An ech muss éierlech soen, datt et an onser Strofgesetzgebung eppes gëtt, dat ass d'Extorsion de fonds - dat ass, wann een higeet an et menacéiert eng aner Persoun, dëst oder dat ze soen oder ze maachen, wann en net Sue kritt -, an hei geet de GAFI hin an e mécht eppes anescht, wat ech éischter géif nennen eng Extorsion de législation. Hei gëtt einfach gesot, wann Der dat bis deen Dag net maacht, da kommt Der op eng gro Lëscht an dann ass d'Finanzplaz an enger ganz schlechter Situatioun, an d'ganzt Land a seng Awunner mat.

Da muss een och soen, datt vill vun deenen Argumenter, déi hei komm sinn, déi baséieren op falschen Informatiounen. Et ass net gekuckt ginn, wat d'Realitéit war. Och dee Clinch, dee kënnt, tëschent dem GAFI, der Regierung, den Instanzen, läit haaptsächlech dorobber, datt, éischtens, am GAFI Leit sinn, déi aner juristesch Formatiounen hunn, déi aner Rechtssystemer kennen, haaptsächlech aus dem angelsächseschen, aus dem däitsche Raum. Mir leien éischter am belsch, franséische Rechtsraum. Da muss een och festhalen, datt ouni Zweifel hei d'Juristen, déi wëssen, vu wiem se bezuelt ginn, datt, wa se staark op d'Finanzplaz Lëtzebuerg klappen, da kréie se vu ville Länner Zoustëmmung an da si se ganz gutt ugesinn op där Plaz.

Et ass also kloer, datt se och als Agente vun de konkurrente Finanzplazen agéieren. An et ass dat, wat wierklech ze bedaueren ass, datt een ënner esou Ëmstänn muss Gesetzesprojeten diskutéieren. An ech mengen, datt mir als ADR op jiddwer Fall ganz kloer géint déi Aart a Weis sinn, wéi hei mat onsem Land négociéiert gëtt an d'Konditioune gesat ginn.

Et ass vun de Rapporteure mat Recht op e puer Problemer higewise ginn, op e puer Neierungen am Gesetz. Et ass kloer, datt déi eng oder déi aner Definitioun muss virgesi ginn. Et ass kloer, datt mer mussen eng Gesetzgebung hunn, fir déi UNO-Resolutiounen, déi mat Terrorismus ze dinn hunn, datt mer déi kënnen de jure, net nëmmen de facto, mä de jure och nach hei exekutéieren, an datt d'Exekutioune kënne gemaach ginn. Dat schéngt mer och wichteg ze sinn.

Mä et sinn och e puer Saachen, déi scho vun de Virriedner hei diskutéiert gi sinn, wéi d'Mini-Instruktioun, wéi de Fait, datt, wann eng generell Perquisitioun gemaach gëtt bei de Banken, wann op engem Kont vun enger Bank nogefrot gëtt, wat fir eng Mouvementer do waren, dann dee Bankbeamten, deen dat géif iergendwéi weiderleeden, bis zu 1.250.000 Euro ka condamnéiert ginn. Dat sinn awer Saachen, déi op jiddwer Fall missten ze bedenke ginn, datt déi Législatioun, déi mer elo hei stëmmen, ganz vill Konsequenze wäert hunn.

Ech hoffen och, datt d'CSSF d'Banken informéiere wäert, datt si sollen hir Beamten iwwert déi praktesch Implikatioune fir si deelhuelen *(lire: informéieren)*, datt si wëssen, datt an Zukunft, wann esou eppes gemaach gëtt, datt se deen Ablack ganz staark Amendë riskéieren, wa se géifen entweder bewosst oder onbewosst op eng Kéier dem Client matdeelen, datt hei Enquêtë géint hie géife lafen. Ech weess, nul n'est censé ignorer la loi, mä ech géif awer mengen, datt et wichteg wier, datt hei e puer Informatioune géifen un déi Betriber an un déi Banken an un déi Agente goen, déi an esou Situatioune kéinten op eng Kéier dëmmlecherweis eppes maachen, wat géint déi nei Gesetzgebung géif verstoussen.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

Wat mer och elo bedaueren, dat ass, datt Lëtzebuerg vum GAFI als zweet Land an der Diskussioun stoung, an der Analys, datt virdru just nach Éisträich do deem Drock huet misse stattfannen *(lire: standhalen)*, an datt e Land, wat onsem Rechtssystem méi no ass, wéi Frankräich, anscheinend elo dat Land ass, wat elo an der Instruktioun beim GAFI ass. Et wier gutt gewiescht, wann déi Instruktioun a Frankräich scho fäerdeg wier. Dat hätt ons munch Aarbecht gespuert.

Duerfir begréisse mer och, a mir haten dat och als eng vun de Fuerderunge gestallt, wéi mer hei an der Diskussioun waren an der Commission juridique, datt mer missten eng Motioun presentéieren, déi vun der Regierung géif ugeholl ginn, datt no engem Joer misst eng Kéier de Bilan gezu gi vun där neier Législatioun, ob se deenen Objektiver, deene mer wëllen entgéintkommen, géint den Terrorismus a géint de Blanchiment, ob se deenen entgéintkënnt, an ob déi eng oder déi aner Formulatioun

net kéint eventuell aus der franséischer Gesetzgebung, déi hoffentlech deen Ablack scho wäert fäerdeg sinn, datt een déi vläicht kéint iwwerhuelen. Dat ass eng praktesch Analys, déi soll geschéien, fir ze kucken, datt een den Ziler - Kampf géint den Terrorismus, Kampf géint de Blanchiment a vun Drogegelder notamment -, datt een deenen entgéintkënnt.

Mir kënnen als ADR mat där Konventioun géint d'Piraterie a géint déi Actes de terrorisme géint Schëffer a Plattformen d'accord sinn. Mir hu mat deene juristeschen Texter, déi mer ganz staark an der Commission juridique diskutéiert hunn, och keng Problemer. Mä mir wäerten ons awer beim Vote vun deenen zwee Gesetzer enthalen, aus Protest géint déi Aart a Weis, wéi hei de GAFI mat ons gefuer ass, well do ganz vill Inconnuë sinn.

(Interruptions)

M. le Président.- Merci dem Här Henckes, an als leschte Riedner ass den Här Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi zwee éischt Gesetzesprojete stëmmen ech. Deen drëtte stëmmen ech net.

Ee Wuert, méi e kuerzt Wuert zu deem éischten. Ech sinn absolut d'accord, dass d'Wäisswäsche vu Gelder aus kriminellen Aktivitéite muss bekämpft gi mat alle Mëttelen - Aschränkung: mat alle rechtsstaatleche Mëttele selbstverständlech -, an datt mer duerfir och net onbedéngt mussen op de GAFI waarden. Do sinn ech och mam Här Braz averstanen.

Ech mengen allerdéngs och, dass souwuel bei dem Projet iwwert de Blanchiment wéi bei dem Projet iwwert d'Entraide judiciaire déi zoustänneg Kommissioun eng gutt Aarbecht geleescht huet, fir d'Bekämpfung vun der Kriminalitéit, op där enger Säit, an d'Anhalung vu rechtsstaatlechen Normen, op där anerer Säit, an en akzeptabelen Équiliber ze kréien. An ech géif och deenen zwee Rapporteuren hei Merci soen, dass se och an deem Sënn den Inhalt vun deene Gesetzer hei ganz ausféierlech erkläert hunn an och erkläert hunn, wat fir eng Aarbecht an der Kommissioun geleescht ginn ass, fir deen doten Équiliber hinzekréien.

Deen Équiliber besteet fir mech net bei deem drëtte Projet. An duerfir hunn ech mat deem ganz grave Problemer am Beräich vun den Theme Rechtsstat, Mënscherechter, Doudesstrof. An duerfir kann ech en och net stëmmen.

Ech sinn iwwregens och der Meenung, dass et besser gewiescht wier, wa mer deen net an der Diskussioun mat deenen zwee aneren zesummegeschloen hätten - dann hätt ech zwar wéineger Zäit gehat, mengen ech -, mir hätten en net zesummegeschloe mat deenen zwee aneren, well en am Fong geholl awer nëmmen um Rand mat deenen zesummenhänkt, nämlech um Rand Finanzéierung vun der Piraterei.

Et ass awer eng Konventioun, wou dat net den Haaptpunkt ass, sondern wou den Haaptpunkt ass d'Repressioun vun Akten, déi ënnert de Begrëff Piraterei oder Terrorismus falen. An ech mengen, wa mer dee Projet getrennt examinéiert hätten, hätt en och vläicht an der Kommissioun méi Opmierksamkeet kritt an deene Froen, déi ech hei wëll opwerfen.

Zu där Konventioun wier emol fir d'Alleréischt ganz, ganz vill ze soen, zum Beispill iwwert d'Hannergrënn vun der Piraterei; iwwert déi katastrophal Situatioun an deem Land, ëm deem seng Quoten et jo hei haaptsächlech geet, Somalia; iwwer militäresch oder quasi militäresch Strategië fir d'Sécherung vun den Handelsweeër an esou weider. Do wier e ganze Koup ze soen. Et wier och e Koup ze soen iwwert d'Ursaache vun där Gewalt, déi do stattfënnt.

An et ass mer opgefall, dass am Préambel, also an de Considérantë vun der Konventioun wuel, an ech mengen och ganz zu Recht, eng Resolutioun vun der UNO zitéiert gëtt, déi opfuerdert, fir d'Ursaache vun der Gewalt - an da gëtt dat e bësse méi ausféierlech duergeluecht - ze ënnersichen an ze bekämpfen. Awer konkret Konklusiounen ergi sech dann awer selbstverständlech net, net an där doter Konventioun an och net um Rand vun där Konventioun.

Also, et wier jo wierklech vläicht net iwwerflësseg, drop hinzeweisen, wat a Somalia lass ass, wéi déi grouss Fëschereikonzerner do d'Mier eidel fëschen an déi kleng Fëscher an d'Aarmut dreiwen. Et wier net iwwerflësseg, drun ze erënneren, wéi d'europäesch Mafia hiert Gëft do an d'Mier tippt, do an op anere Plaze selbstverständlech; un de Misär, ënnert deem déi Leit do liewen. Dorunner ze erënneren, heescht natierlech net, d'gewaltsam Piraterei ze verteidegen. Mä et ass awer vläicht wichteg, deen Hannergedanken, pardon, déi Hannergrënn awer och am Bewosstsinn ze halen.

Ech hunn och e bëssen e Problem dermat, wéi d'Begrëffer hei gebraucht ginn. Ech hunn e bëssen e Problem dermat, wann dräi veraarmte somalesch Fëscher, déi do probéieren - zwar op eng kriminell Aart a Weis, betounen ech -, e puer Suen erauszeklappen, andeems se op e Pëtrolstanker klammen a Léisegeld froen, dass déi einfach iwwert de Begrëff Terrorismus an een Dëppe gehäit gi mat Al-Qaida beispillsweis. Dat fannen ech op d'mannst eng Fro wäert, ob dat der Situatioun gerecht gëtt.

Elo kënnt awer dee wichtegste Punkt. Déi Konventioun hei, déi verflicht eis zu enger strofrechtlecher Kooperatioun mat alle Länner, déi se mat ënnerzeechent hunn. Et wier iwwregens gutt gewiescht, fannen ech, fir d'Transparenz, wa mer d'Lëscht vun deene Länner, déi bis elo ënnerschriwwen hunn, och virun eis gehat hätten, fir dass mer gesinn hätten, wat fir Länner sinn dann do derbäi. Well do sinn der eng ganz Rëtsch derbäi, wou d'Situatioun vun de Mënscherechter prekär bis dramatesch ass, wou also e faire Prozess no rechtsstaatleche Kritären alles anescht wéi garantéiert ass. An enger Rëtsch vun deene Länner, déi Signataire sinn, besteet d'Doudesstrof nach a gëtt och tatsächlech exekutéiert.

Dir sot eis, als Garantie, an dat begréissen ech selbstverständlech, dass mir net opgrond vun dëser Konventioun extradéieren un e Land, wou d'Doudesstrof besteet respektiv wou d'mënscherechtlech Konditiounen net agehale ginn. Domadder sinn ech averstanen. Ech géif awer, wann ech keng Zäit méi hunn, Iech selwer bieden, nach eng Kéier op den Artikel 8 vun der Konventioun ze kommen - a wann ech nach Zäit hunn, da ginn ech nach eng Kéier kuerz drop an -, well do d'Fro sech stellt, ob dat ënner eis restriktiv Bedéngunge vun der Extraditioun iwwerhaapt nach fält.

Dat heescht also konkret, opgrond vun dëser Konventioun, déi mir mat ënnerschreiwen, kann e Mënsch, deen der Piraterei ugeklot ass, an engem Land poursuivéiert ginn, wou eventuell Folter besteet a wou d'Doudesstrof applizéiert gëtt. Do, wou bei eis nämlech an eisem Gesetz, wat derzou gehéiert, Strofe virgesi si bis zu liewenslänglecher Haft, do kann natierlech an engem anere Land, bei der Applikatioun vun därselwechter Konventioun, selbstverständlech d'Doudesstrof stoen, fir net ze schwätze vun de Konditioune vun der Haft respektiv vun de rechtsstaatleche Bedéngunge vun engem Prozess.

Virun dräi Deeg war den europäeschen an de weltwäiten Dag géint d'Doudesstrof. Bei där Geleeënheet huet och den Europarot, zesumme mat der Europäescher Unioun, en Appel lancéiert, fir och bei allen internationalen Instanze fir d'Ofschafung vun der Doudesstrof ze wierken.

Fir mech ergëtt sech dorauser d'Konsequenz, datt mer och keng Konventioun méi mat strofrechtlechem Charakter - wuel betount, mat strofrechtlechem Charakter - kënnen approuvéieren, déi eis zu enger Zesummenaarbecht mat Länner engagéiert, wou d'Doudesstrof besteet respektiv d'Mënscherechter net respektéiert ginn, ausser an deene Konventioune stinn däitlech Garantien, dass bei der Applikatioun vun de Konventiounen d'Mënscherechter gewahrt sinn an eng Applikatioun vun der Doudesstrof net stattfënnt. De Refus, esou Konventiounen ze ënnerschreiwen, wier jo och vläicht e wierksamt Drockmëttel op déi Länner, fir d'Mënscherechter anzehalen an d'Doudesstrof ofzeschafen.

Ech hunn d'Zäit net méi, op den Artikel 8 anzegoen. Ech géif Iech bieden, en nach eng Kéier ze liesen. Do steet dran: De Kapitän vun deem Schëff, wat den État pavillon féiert, dee kann - an do steet net: E muss nofroe bei senger Regierung -, dee kann een, deen e verdächtegt, ofliwweren un en aneren, un en État destinataire. An et steet och net an der Suite vun deenen Artikelen iergendeng Garantie, dass dat net ka bedeiten: Dee liwwert en also of am Sudan, an da weess ech net, wat mat em geschitt.

Motion 2

La Chambre des Députés,

considérant que

- les Conventions internationales touchant le droit pénal soulèvent de graves problèmes concernant les règles de l'État de droit, les droits humains et la peine de mort;

- notamment la Convention pour la répression d'actes illicites contre la sécurité de la navigation maritime ne contient aucune garantie que, dans l'application des dispositions de cette Convention, les droits humains soient respectés et que la peine de mort ne soit pas appliquée;

- parmi les signataires de ladite Convention figurent de nombreux États qui appliquent la peine de mort et où la situation des droits humains est précaire voire dramatique;

invite le Gouvernement

1. à présenter régulièrement à la Chambre des Députés un rapport sur l'application de ladite Convention, notamment en ce qui concerne le respect des droits humains;

2. à veiller à l'avenir à ce que dans les Conventions touchant le droit pénal soient inscrites des dispositions explicites et vérifiables de nature à garantir, dans l'application de ces Conventions, le respect des droits humains, des règles de l'État de droit et la non-application de la peine de mort.

(s.) André Hoffmann, Claude Adam, Félix Braz, Jacques-Yves Henckes, Viviane Loschetter.

Ech géif also mengen, mir sollten, éischtens - an dat iwwerschneit sech awer e bësse mat där anerer Motioun, awer just e bësse méi prezis -, mir sollten hei regelméisseg vun der Regierung awer vläicht e Rapport kréien, wéi d'Applikatioun vun där Konventioun konkret ausgesäit, besonnesch a puncto Mënscherechter. An zweetens, dass mer d'Regierung opfuerderen, fir derfir ze suergen, dass bei esou Zorte vu strofrechtleche Konventiounen ëmmer Garantien drastinn a puncto Mënscherechter.

Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'Éischt hei bal allen Intervenantë Merci soe fir déi Debatt, déi mer haut haten, well et eng wichteg Debatt ass, eng wichteg Debatt ass fir d'Zukunft och vun eisem Land. Well d'Zukunft vun dësem Land steet och um Spill mat dëser Debatt. Domadder ass et net eriwwer. Verschiddener vun Iech hunn dat gesot, dass domadder hei net alles geléist ass, mä et ass awer e wichtege Schrëtt.

Ech muss och soen, et ass och fir mech en Element gewiescht, wou mer feststellen, dass Lëtzebuerg nach ëmmer fonctionnéiert, dass, wann et wierklech drop ukënnt, dass mer dann zesummestinn. Ech soen Iech dat, well ech déi lescht Wochen net einfach Wochen hat, well ech, obwuel ech gesond sinn, awer physesch net gutt drop sinn - dat wäert och nach eng Zäitchen esou weidergoen - an all Dag erëm aner Saachen ofsoen, einfach fir mech kënnen op Dossieren ze konzentréieren.

Ee vun den Dossiere war dësen, an dann deet et engem gutt, wann een esou vill Energien op en Dossier verwennt huet, net eleng - ech kommen herno nach zu ganz ville Mercien -, wierklech net eleng, och an der Regierung net eleng, an der Chamber net eleng, de Jean-Louis Schiltz, deem ech besonnesch wëll Merci soen, grad wéi dem Gilles Roth als Rapporteur, mä och alle Leit an der Commission juridique - ech kommen nach eng Kéier drop zréck -, Merci soe fir déi gutt Debatten, déi mer haten.

Dobausse gëtt ëmmer gesot - an ech sinn dat oft gewuer ginn -: „Sou, elo hues de jo gutt Zäit, well et ass jo elo Vakanz an der Politik." Hei hu mir dauernd an der sougenannter Vakanz getagt. Et ass kee Member vun der Commission juridique, deen net komm wier, an do schléissen ech Majoritéit an Oppositioun mat an. Och dat ass emol e gutt Zeeche fir ze weisen. Hei souze mir bis Ufank August zesummen an duerno erëm Enn August och schonn erëm eng Kéier zesummen, Ufank September, fir hei ze versichen, eppes ze maachen. Wou mer natierlech - ech mengen, de Jean-Louis Schiltz hat e puer flott Formelen haut - kee Meeschterwierk, mä all zesummen eng Meeschterleeschtung gemaach hunn.

Ech mengen, dat ass eppes, wann ee Minister ass, wat engem gutt deet, dass ee gesäit, dass - aneschters wéi vläicht am Ausland - et net nëmmen drop ukënnt, wien deem aneren iergendwéi e Fouss stellt, mä fir ze soen: „Hei geet et ëm d'Zukunft vum Land an elo hale mer all zesummen." Dofir emol nach eng Kéier hei: Merci!

Et ass keng einfach Debatt, well mer an där Debatt sinn - ech kommen nach eng Kéier op de Jean-Louis Schiltz zréck -, den Ënnerscheed tëschent der Muecht vum Fakteschen an der Muecht vum - wéi hat e gesot - Juristeschen. Et ass esou. Et ass esou.

Déi, déi mech kennen, wëssen, dass ech e Krawattegeck sinn an dass ech ëmmer versichen, moies eng Krawatt unzedoen, déi meng Stëmmung moies am meeschten erëmgëtt. Ech hunn haut eng Krawatt ugedoe vum schwaarze Schof.

(Interruption)

Jo, jo. All déi aner sinn déi aner Länner vun der OECD. An da kënnt d'schwaarzt Schof, dat ass Lëtzebuerg. Et ass schonn e puermol zu Recht ugeklongen...

(Interruption)

Gi mir… oh, dat ass dee rouden Hannergrond.

(Hilarité)

D'Häerz bleift schwaarz. Mä dat ass e puermol de Mëtteg ugeklonge gewiescht: Gi mir aneschters beuerteelt wéi aner Länner?

Une voix.- Jo!

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Jo an Neen. Deeselwechten Dag, wou dee GAFI-Rapport iwwer Lëtzebuerg erauskoum, koum och een iwwer Däitschland eraus, deen am Wuertlaut méi hefteg war wéi dee géint Lëtzebuerg. Just an de Konklusiounen, nämlech a wat fir ee Grupp mer herno koumen, ass Däitschland besser ewechkomm wéi Lëtzebuerg.

Mir sinn net dat eenzegt Land, deem et esou ergaangen ass. Éisträich ass et d'selwecht ergaangen. Mir hunn eis iwwregens hei mat Éisträich och koordinéiert a mir sinn dee Wee gaangen, deen Éisträich och gaangen ass. Éisträich ass och e klengt Land. Éisträich ass och e Land mat Bankgeheimnis. Och dat muss ee wëssen.

Frankräich steet och am Collimateur. Ob awer Frankräich herno an déi Prozedur kënnt, wou mir elo solle kommen, dat weess ech net. An dat muss een einfach wëssen. Mir sinn zënter der Wirtschaftskris an engem neien Zeenario. Mir sinn erëm an der Muecht vum Fakteschen. Mir sinn erëm zum Deel am 19. Jorhonnert zréck, wou déi grouss Muechte versichen, och hir Interessen ze soen. Et geet och drëm hei, wie wou wat fir eng Bankeplaz herno an Zukunft huet.

An ech soen dat bewosst: Well ee vun deene ville Matcher, déi ech gäre mat ville vun Iech heibanne geschloen hunn, war dee vum Referendum, wou mer nëmme mat 56% gewonnen hunn. Wou vill Leit gesot hunn, mir si géint déi europäesch Verfassung, well eis Interesse si fort. Ma nëmmen, wa mer a juristeschen Ofkommesse si wéi d'EU, da kënne mer iwwerhaapt eis Interesse verteidegen.

Ech weess nach, wéi d'Regierung erëmkomm ass vu Feira, wat du gesot ginn ass:

„Majo, Dir hutt eis Interesse verroden.“ Ma Feira war extrem gutt fir Lëtzebuerg! A Feira konnte mer nëmme kréien, well mer an enger Unanimitéit waren, wou mer effektiv dee Kompromëss erausgeschloe kruten. Dat zielt och an Zukunft. Wa mer an Europa sinn, dann hu mer eng Stëmm. Wann e G20 zesummekënnt, oder wat och ëmmer, dann hu mer keng Stëmm.

An de GAFI, ass oft och an Avisë gesot ginn - den Ordre des avocats, dat si jo keng domm Leit, au contraire, mä déi soen zu Recht -, de GAFI ass en informellt Organ. Et ass richteg. Mä dat, wat dat informellt Organ GAFI seet, dat ass méi wichteg, wéi verschidde Saachen, déi vu formellen Organer sinn. Dat ass déi ganz Gefor, an där mer elo dra waren. Wann d'nächst Woch de GAFI géif soen: „Gro Lëscht!“, dann hätte mer e risege Problem. Da géife mer net méi vu Bipartiten an esou weider schwätzen a vu Spuerprogrammer, mä da géife mer eis emol seriö Gedanke maachen - wéi emol fréier de Mart's Ren dat gesot huet -, ob mer spéider emol erëm eng Kéier mat der Geess ginn.

Dofir - soen ech - ass dat heiten extrem wichteg, a mer mussen eis bewosst sinn, dass mer e klengt Land sinn, eis bewosst sinn, dass net jiddweree frou ass, dass et eis gutt geet. Mir mussen eis och bewosst sinn, dass, wann et eis gutt geet, dat net eleng eppes mat eis ze dinn huet. De Lucien Thiel, hunn ech am „Tageblatt“ gelies, huet eng grouss Konferenz ginn iwwert d'Chance vu Lëtzebuerg, an de Lex Bodry, de Budgetsrapporteur, huet - mengen ech - gëschter oder virgëschter d'selwecht gesot: „Mir liewe vun der Bankeplaz“.

Wann alles, wat mer dobausse liesen, iwwer wéi et der Wirtschaft zu Lëtzebuerg geet…, alles schéin a gutt, mä de Statsbudget lieft virun allem vun der Bankeplaz. Dat muss ee sech einfach bewosst sinn: Wann d'Bankeplaz erofgeet, dann hu mer e Problem. Dann ass all de Rescht, wat mer eis vun Iwwerleeunge maachen, einfach net richteg. Mir sinn eent vun deene wéinege Länner, wou d'Bankeplaz esou eng grouss Roll spillt. D'Iddi kann net sinn, fir d'Bankeplaz lasszeginn, mä d'Iddi ass just, dass mer musse wëssen, dass mer vun der Bankeplaz massiv liewen. Dofir musse mer eben och kucken, dass mer déi Bankeplaz an Zukunft erhalen an dass mer - an do sinn ech ganz frou, dass dat wierklech de Maître-mot war an dëser Debatt - an Zukunft proaktiv an ni méi defensiv virginn.

Mir hunn eis jo vill an dësem Land évertuéiert - an ech hunn oft driwwer gegrinst -, iwwert dat, wat esou e gewëssene Sénateur… Marini huet e geheescht, oder wéi huet e geheescht, aus Frankräich, vu Compiègne gesot huet. Also, et ass net den Här Marini, dee Lëtzebuerg a Fro stellt mat senge Geschichtskenntnisser, mä et ass éischter, wat mer mam GAFI schlecht maachen, wou d'Existenz vu Lëtzebuerg a Fro gestallt ass.

Mä den Här Marini huet awer zu Recht drop higewisen, dass Lëtzebuerg ëmmer erëm Chance hat a sengem ganze Liewen. An 1867 war Compiègne, aneschters, wéi den Här Marini gemengt huet - ech sinn Amateur-Historiker, dofir erlaabt mer e klengen Exkurs -, war Compiègne nëmmen e klengt Element an där ganzer Debatt. Et ass de Kinnek-Groussherzog Wëllem III. gewiescht, dee wollt effektiv dem Napoléon III. Lëtzebuerg verkafen, an de Bismarck huet du mat deem Krich gedréit, deen herno awer komm ass. Gott sei Dank goufe mer neutraliséiert. D'Konferenz vu London, wou mer iwwregens Russland ganz vill ze verdanken haten, gëtt och oft vergiess an eiser Geschicht.

(Interruption et hilarité)

Dat war och méi wichteg wéi Compiègne. An dunn ass d'Festung geschlaff ginn. Gutt, elo muss ee wëssen, dass 1867 Festungen, esou, wéi mir se kannt hunn, eigentlech iwwerhaapt net méi zäitgeméiss waren. Dat war eng Chance fir Lëtzebuerg. Well doduerch, dass d'Festung geschlaff gouf, konnte mer endlech emol Uschloss fannen un en Zuch an esou weider. A mir si méi grouss ginn! Sech an enger Festung ze verbarrikadéieren, dat war schonn 1867 net méi richteg.

(Interruption)

Och dat muss een haut wëssen, an ech soen dat awer, well ech mech vill an deenen 28 Joer, wou ech Politik maachen, hu misse mat all deene Froen ausenanersetzen. Ech war, wéi ech nach jonken Deputéierten heibanne war, Rapporteur vum éischten Entraide-judiciaire-s-Gesetz, wat herno Äre President, de Laurent Mosar, weidergefouert huet, wéi ech an d'Regierung koum. Mä ech weess awer nach ganz genee, wien alles bei mech gepilgert ass, fir ze soen: „Sou mann ewéi méiglech maachen! Nëmmen dat, wat néideg ass, maachen!“ Dat war dat Festungsdenken, fir ze soen, mir däerfen nëmmen net iergendee Steen aus der Festung erausfale loossen, soss si mer fort.

Ech mengen - an dofir sinn ech frou iwwert déi Debatt haut -, dass mer verstanen hunn, dass mer net defensiv Chancë behalen, mä nëmmen offensiv Chancë behalen, andeem mer ganz einfach soen, éischtens: „Mir hunn näischt ze verstoppen.“ Mir sinn och haut keng Bankeplaz, déi schlecht ass. Natierlech muss een da Leit, déi aus grousse Länner kommen, erklären, woufir mir op der Bankeplaz eng Bankeplaz hunn, déi esou vill méi grouss ass wéi mir. Dat versti vill Leit net.

Do kommen och ganz vill falsch Reprochen un eis, déi iwwregens zum Deel am GAFI-Rapport selwer widderluecht ginn. De GAFI-Rapport seet zum Beispill, dass mer haut schonn an der Entraide judiciaire, déi mer jo elo nach ausbauen, zimlech gutt dostinn. Dat heescht, all Kéiers, wann am Ausland un eis eppes erugedroe gëtt, fir effektiv d'Wäisswäsche vum Geld ze bekämpfen, maache mer dat. Well et däerf ee jo net vergiessen, dass mir natierlech eng kleng Bankeplaz sinn. Mir däerfen net esou maachen, wéi wann net géif versicht ginn, op der Lëtzebuerger Bankeplaz an iwwerhaapt zu Lëtzebuerg Geld wäisszewäschen.

Mä déi primär Infractioun geschitt net zu Lëtzebuerg, déi geschitt am Ausland. Dofir gi mer jo ëmmer Entraide judiciaire. Wann d'Ausland mengt, et wier eppes falsch gaangen, gi mer Entraide judiciaire a mir wäerten dat jo mat engem vun deenen dräi Gesetzer vun haut nach weider ausbauen.

Also: Mir hunn eis näischt ze reprochéieren an dofir musse mer einfach an Zukunft soen, dass mir wëllen dostoen, wéi de Shakespeare gesot huet vum Cäsar senger Fra: „au-dessus de tout soupçon“. Dofir musse mer hei dat maachen, wat mer wëlle maachen, nämlech net nëmmen eis op dat beschränken, wat mer elo gezwonge sinn ze maachen, mä méi wäit goe wéi all déi aner.

Mir mussen an Zukunft derfir suergen, dass mer, wat d'Wäisswäschen ubelaangt, net dans la queue du peloton sinn, mä à la tête du peloton. A wa mer dat fäerdeg brëngen, mengen ech, dann hu mer e grousse Match fir d'Zukunft gemaach. Well Verschiddener vun Iech hunn dat schonn heibanne gesot: Eis Bankeplaz huet nei Atouten.

Ganz kloer ass, dass vläicht, wa mer elo dat Signal setzen, dass mer alles wëlle maache géint d'Geld wäisszewäschen, vläicht kann dat e klengen Impakt hunn am Ufank op d'Bankeplaz. Mä à la longue huet et nëmmen e positiven Impakt.

Ech zitéieren dann och Leit, déi awer nostinn zur Bankeplaz. De Moien hunn ech de Reportage um hallwer aacht op Radio Lëtzebuerg gelauschtert, wou den Här Charles Müller interviewt gouf vun der ALFI, dee genee dat gesot huet. Mir kréien nëmme Leit op Lëtzebuerg, wa kloer ass, dass mir net iergendwéi am Soupçon stinn. Och den Här Contzem - iwwert deem seng Ausso gëtt jo méi geschwat, wat den Index ubelaangt. Ech weess awer och, dass deen eng Kéier am Background op RTL war, wou e just genee gesot huet, majo, eis Zukunft ass an eisem Know-how an deem, wat mer gutt maachen. A mir wëllen net liewe vun iergendwéi schlechte Suen. Mir musse gutt Suen op Lëtzebuerg kréien.

Och dat bedeit natierlech, dass mer elo net nëmmen dat heite maachen. Och dat bedeit, dass mer an Zukunft d'Weiche stellen, fir déi gutt Suen op Lëtzebuerg ze kréien. Och dat wäerten nach Diskussiounen heibanne ginn. Mä dat musse mer maachen. A mir si gutt opgestallt. Mir hunn net vun ongeféier, an dat war och e Verdéngscht vum Här Lucien Thiel, deen heibanne sëtzt, d'Luxembourg School of Finance an d'Uni Lëtzebuerg integréiert, fir do nei Perspektiven ze développéieren. Mir hunn „Islamic finance“ développéiert. Mir hunn ethesch Fongen développéiert. Mir hunn eng ganz Partie Saachen développéiert.

Also, nach eng Kéier: Kommt, mir ginn offensiv hei vir! A kommt, mir soen, mir hunn näischt ze verstoppen! Mir wëllen näischt verstoppen. A mir setzen integral alles dat ëm, wat hei och de GAFI vun eis verlaangt. Och wa mer natierlech, wat d'Method a wat eng ganz Partie vun Argumenter vum GAFI ubelaangt, dem GAFI net Recht ginn.

Mä mir hunn näischt ze verstoppen. Mir ginn hei resolut no vir. A wa mer dës dräi Gesetzer hei unhuelen - déi dräi gehéieren zesummen -, wa mer dës dräi Gesetzer hei unhuelen, da si mer menger Usiicht no vir par rapport zu ganz villen anere Länner, wat d'Wäisswäsche vun de Sue betrëfft.

(Interruption)

Do ginn d'Gesetzer net eleng duer. Mir mussen eis och hei besser verkafen. Mir verkafen eis zum Beispill ganz schlecht, wat d'Statistiken ubelaangt. Wann Der d'Rapporte vum GAFI noliest, da läit villes an de Statistiken. Mir hätten net genuch DOSen. En DOS, dat ass eng „Déclaration d'opération suspecte“. Dat ass och, well mer heiansdo déi Statistiken net veröffentlechen. Zum Beispill déi grouss Cabinet-d'affairen, déi hu ganz vill DOSen, déi si net hei maachen, mä déi déi grouss international Cabinete bei sech an de Länner maachen. Well, wéi gesot nach eng Kéier: Dat, wat zu Lëtzebuerg geschitt, ass seelen nëmmen national. Dat ass meeschtens international. Duerfir solle mer och déi Statistike veröffentlechen. Dat heescht, mir mussen nach am Ufank eis och an Zukunft vill besser dobausse verteidegen.

Voilà, nach eng Kéier: Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer hei d'Signal ginn der internationaler Gemeinschaft, dass mir näischt ze verbergen hunn, dass mer iwwerhaapt keng Sue wëlle maachen an och an der Vergaangenheet net gemaach hunn, mä an Zukunft net wëlle maachen. A wëllen och d'Apparence no bausse ginn, well déi hate mer net ëmmer, dass mir keng Geldwäscherei zu Lëtzebuerg wëllen, dass mer keng Terrorgelder zu Lëtzebuerg weisen. An ech mengen, dass dat dann en Atout gëtt. Net muer, mä iwwermuer gëtt dat en Atout, fir dass mer eis Bankeplaz stäerken.

Well, et muss een och wëssen, wann ech op de Secret bancaire kommen: De Secret bancaire ass jo net schlecht u sech, entgéint deem, wat verschidde Leit mengen. An Amerika gëtt et kee Secret bancaire, mä d'Weltwirtschaftskris ass awer an Amerika ugefaange ginn. Just fir dat emol ze soen. Mä d'Abusë vum Secret bancaire si schlecht. Mä och do, wann ee kuckt, wéi d'Bankeplaz Lëtzebuerg sech entwéckelt huet, da muss een einfach wëssen, et gouf eng Bankeplaz virum Secret bancaire an et ass elo schonn eng Bankeplaz amgaange sech nom Secret bancaire ze entwéckelen. Dat wëllt net soen, dass mer de Secret bancaire sollen ofschafen. Mä dat, wat mer gemaach hunn a wat mer maachen, ass richteg. A wat mer maache vun neie Perspektiven, ass nach méi richteg. Dat also zu der Ausriichtung.

Natierlech hu mer vill Debatten hei gehat, fir déi politesch Recommandatiounen an Aklang ze brëngen, déi politesch Recommandatioune vum GAFI an Aklang ze brénge mat de juristesche Rechtsiwwerleeungen, déi zu engem Rechtsstat gehéieren, wéi mer en net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä iwwerhaapt an Europa a virun allem an deene méi franséischsproochege Rechtssystemer kennen. Dat war net einfach.

An d'Fro ass ëmmer gestallt ginn, an allen Avisen: „Woufir gitt Der esou séier esou wäit?“ Woufir esou séier, hunn ech virdru scho gesot: Well mer vläicht an der Vergaangenheet ze laang gewaart hunn, fir verschidde Saachen ze maachen. A well mer elo gesot hunn, elo maache mer dee grousse Worf, och fir dann no baussen ze weisen, mir maachen dee grousse Worf, an dann net méi an déi Diskussioun eranzekommen. An esou wäit ass och dat. Elo maache mer alles, wat de GAFI recommandéiert huet.

Natierlech war dat Sisyphusaarbecht, dat war Knachenaarbecht. De Luc Frieden an ech hunn décidéiert, dat war scho virum GAFI-Rapport, ech sot, mir waarden dee GAFI-Rapport of, wann, deemno wéi en ausgeet, soe mer einfach, mer hunn dee GAFI-Rapport ofgewaart, fir ze soen, et huet elo kee Wäert hei ze piddelen, mä duerno setze mer eis zesummen, mir maachen dat. Dat war ganz vill Aarbecht. Dat war och fir all, net nëmme fir déi zwee Ministèren - Justice a Finanzen -, vill Aarbecht, a fir hir Mataarbechter. Also, do hu vill Leit owes net ëmmer geschlof. Dat war och fir all déi Verwaltunge vill Aarbecht. Dat war fir Iech schlussendlech vill Aarbecht. Dat war fir de Statsrot vill Aarbecht.

Et ass natierlech ganz kloer, wann een dee GAFI liest: Dat si politesch Recommandatiounen. A fir déi juristesch esou ëmzesetzen, dass se klappen, war net ëmmer einfach. A mir hunn och séier geschafft. Vläicht ze séier geschafft. Mir hunn och versicht, oft einfach aus captatio benevolentiae vill „copy/paste“ ze maache mat deem, wat am GAFI stoung. An, dass natierlech herno 18 Opposition-formellen koumen. Ech hunn ëmmer an der Press gelies, véier, fënnef. Ech mengen, een ass bis op aacht komm. Et waren der 18, et waren insgesamt am GAFIs-Projet 18 Opposition-formellen, déi och all, soen ech och, berechtegt waren, all juristesch berechtegt waren.

Mir hunn eis vill Méi ginn, fir deene Rechnung ze droen am Juristeschen, ouni awer ze renoncéieren op dat, wat de GAFI gär vun eis gehat hätt. An ech mengen, och do soen ech, wa mer dat fäerdeg bruecht hunn - Enn Juli, August, hu mer geschafft, September geschafft bis elo, mat och Avisë vum Statsrot -, ass dat awer schonn eng formidabel Aarbecht, dass mer haut en Text hunn, mat kenger Opposition formelle méi, wou mer awer der Meenung sinn, dass mer dem GAFI Rechnung droen, wat e seet.

Da muss ech och nach eppes soen, wat d'Droits de la défense ubelaangt. Dat ass jo e Sujet, dee mir immens um Häerz läit. Elo muss een awer hei wëssen, wann ee vu Geldwäsch schwätzt: Hei treffe mer net déi Kleng! Hei treffe mer net d'Mëttelschicht! Wa mer hei vläicht an eisem ursprénglech Projet ze wäit iwwert d'Zil, juristesch gesinn, erausgeschoss hunn, muss ech awer soen, dass domadder net de klenge Lëtzebuerger Beamten oder Aarbechter gemënzt war. An och dat ass eppes, wat mir besonnesch um Häerz läit, an enger ganzer Partie Leit an der Commission juridique och.

Also, mir hu jo schonn oft genuch an dësem Haus geschwat iwwert d'Disproportioun vun dem Strofrecht zu Lëtzebuerg. Ech muss awer soen, dass, wann e Camionschauffer mat engem iwwerluedene Camion fiert, deen a säi Patron méi riskéieren, wéi bis ewell awer ganz oft Leit, déi mat de Sue Sauerei gemaach hunn. An ech mengen, och dat musse mer awer hunn, dass, wa mer elo hei effektiv méi streng virginn, mer net géint déi Kleng virginn, mä dass mer wierklech wëlle géint déi virgoen, déi och effektiv Geldwäscherei maachen.

Dass mer natierlech ëmmer mussen d'Droits de la défense wahren: Jo! Mä d'Droits de la défense mussen awer och ëmmer proportionell gesi ginn. Et geet net drëm hei, fir d'Geldwäscher oder fir d'Terroristen ze schützen. An ech mengen, mat deem Text, dee mer elo hunn, wou mer nämlech haut scho soen, dass mer wäerten an deenen nächste sechs Méint Plaze fannen, wou awer Ongereimtheeten dra sinn - ech soen dat, ech huelen dat och gären op meng Kap, well mer séier geschafft hunn -, mengen ech awer, dass deen Text schonn e gudden Équiliber mécht tëschent dem Bekämpfe vu Kriminalitéit an awer dem Wahre vun den Droits de la défense.

An ech kommen op d'Mini-Instruktioun zréck. D'Mini-Instruktioun ass en Nieweschauplatz. De Conseil de l'ordre huet doraus en Haaptschauplatz gemaach. De Rapporteur huet selwer gesot, wat fir eng dräi Correctifë mer zesumme gemaach hunn. Een ass fir mech besonnesch wichteg, ee Correctif vun deenen dräi, déi de Rapporteur gesot huet. Nämlech een, deen ech souwisou wollt lech hei virstellen. Nämlech, fir dass an Zukunft net nëmmen an der Mini-Instruktioun, mä - mir wäerte mat deenen Texter kommen an deenen nächste Méint - dass iwwerhaapt an der Instruktioun deen, deen inculpéiert gëtt, oder elo ass en emol nach net inculpéiert, mä deen iwwerhaapt an eng Enquête erakënnt, dass deen d'Recht huet, vun Ufank u bei den Hearingen, bei den Enquêten op säin Affekot zréckzegräifen. Ech mengen, dat hu mer elo hei bei der Mini-Instruktioun virgezunn. Mä dat ass eppes, wat ech schonn hei am Plenum gesot hunn, wat mer souwisou wëlle maachen.

Mir mussen och d'Droits de la défense zu Lëtzebuerg insgesamt augmentéieren. An duerfir sinn ech engersäits frou, dass mer et hei virgräifen. Op där anerer Säit hätt ech léiwer gehat, mir hätten et insgesamt gemaach. Fir elo just ze soen, mir maachen d'Droits de la défense méi staark bei der Mini-Instruktioun, do, wou et eventuell ëm Geldwäscherei geet, stéiert mech e bëssen, mä ech weess, dass mer all der Meenung sinn, dass mer insgesamt d'Droits de la défense an den Zougang zum Affekot solle verstäerken,...

M. Xavier Bettel *(DP)*.- Très bien!

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- ...a mir wäerte mat deenen Texter an deenen nächste Méint kommen, well och déi wichteg sinn, fir eben eise Rechtssystem ze wahren.

Da wëll ech awer elo, ier ech soen, wéi et weidergeet, eng ganz Partie Mercië lassginn. Ee Merci geet un de Finanzminister Luc Frieden, well mir waren hei allen zwee befaasst a mir hunn eis d'Aarbechtsmethod opgedeelt. Ech war dann als Justizminister éischter zoustänneg fir den interne Volet, fir mat lech zesummen alleguer déi Texter ze maachen, währenddeem de Luc Frieden awer mat enger magistraler diplomatescher Aart a Weis versicht huet, och dobaussen d'Captatio benevolentiæ vum GAFI ze kréien. Well, dat muss ee wëssen, dat sinn eenzel Leit, déi vu Länner kommen, déi och keen... Do gëtt et keen Traité, do gëtt et kee Mandat.

An de Luc Frieden huet an deene leschten Deeg och ganz vill säin internationale Poids spille gelooss, fir d'Leit ze iwwerzeegen, dass mer hei wierklech net Arrièregarde maachen, mä dass mer Avant-garde spillen an dass mer proaktiv virginn.

E Merci un all déi Beamte vum Justizministère, vum Finanzministère, vum Parquet général, eng ganz Partie aner Verwaltungen. Et war net ëmmer einfach, och an der Kommunikatioun, mä ech muss soen, et ass ee frou als Minister, wann ee kann op Leit zréckgräifen, déi ëmmer do sinn. E Merci...

Jo, heiansdo kommen d'Kräften zum Enn, dann halen ech op mat schwätzen.

Une voix.- Dat ass net schlëmm.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- E Merci awer schlussendlech un all eenzelne Member vun der Commission juridique, well jiddweree vun lech huet hei matgehollef, dat heiten ze maachen. Ech mengen, wann ee wéi ech iwwert d'Halschent vu sengem Liewe Politik mécht, ass dat eppes, wat gutt deet.

Wéi gi mer weider? Zwou Saachen.

Dat Éischt ass: Wat mécht de GAFI d'nächst Woch? Ech kann lech - an et ass ugeklongen - net d'Garantie ginn, dass mer net op eng gro Lëscht kommen. Ech mengen zwar...

(Interruption et hilarité)

Ech hunn och gro Krawatten.

(Hilarité)

Meng schéinst Krawatte sinn zwar déi orange, Här Schiltz.

Mä ech mengen, dass mer gutt geschafft hunn. Ech ginn och all d'Vertrauen an déi Leit, déi eis d'nächst Woch beim GAFI do vertrieden, fir dass mer elo op d'mannst Opstand kréien, dass déi Leit sech mat eiser Gesetzgebung ausenanersetzen an dass mer da geschwënn total eraus sinn aus dem Collimateur, an dass mer da wierklech kënne weiderfueren, fir eist Land ze schaffen, an och fir déi Bankeplaz op déi nei Zukunftsweeër ze setzen, déi mer all am Kapp hunn.

D'Gesetz stëmmen ass eppes. Et muss och a Kraaft gesat ginn. Ech sinn dofir frou, dass mer net, wéi ee Moment geplangt war, gesot hunn, et trëtt eréischt den 1. Januar a Kraaft, wat awer eng gewësse Logik hat, mä dass mer soen: Et trëtt direkt no der Publikatioun a Kraaft. A mir wäerten och versichen, dat esou séier wéi méiglech weiderzedreiwen. Mir brauchen d'Dispens vum Second vote a mir mussen deen een oder anere Règlement grand-ducal veröffentlechen. Mä déi sinn all aviséiert vun den zoustännege Stellen. Dat geet also och alles relativ zügeg.

Dann ass et natierlech ganz kloer, dass mer och d'Acteuren um Terrain mussen informéieren. Do gëtt et eng Plattform, wou mer mat deenen zesummeschaffen. Ech wëll wierklech net op d'Detailer agoen, well notamment d'Rapporteuren a verschidde Riedner ganz vill op d'Detailer agaange sinn. Mä ech ginn lech zwee Beispiller, déi awer fir d'Acteuren um Terrain wichteg sinn, fir d'Leit an de Banken, fir d'Affekoten, fir d'Notairen, fir d'Réviseuren, fir d'Experts-comptables.

Ee Beispill ass dat: Wéini maachen ech eng DOS, eng Déclaration d'opération suspecte? Do verlaange mer elo méi wéi virdrun. Dofir ass et och wichteg, dass mer Instruktiounen erausginn, wat d'CSSF elo schonn amgaangen ass ze maachen. Fir ze soen: „Hei, mir ginn lech déi Instruktioun." Well déi Leit, déi do zum Beispill an de Banke sëtzen - ech huelen déi; mä déi aner och -, déi si jo schlecht drun. Dénoncéieren ech e Client an dénoncéieren ech en ze vill, dann hunn ech u sech mir a mengem Client, mä nach dem Client méi wéi mir, Schued gemaach. Dénoncéieren ech en net, da sinn ech strofbar par rapport zum Gesetz.

Elo soe mer jo, dass et strofbar par rapport zum Gesetz, wat Blanchiment ubelaangt, méi schwéierwiegend ass wéi de Secret professionnel ze wahren. Dat heescht, et kommen do wierklech deontologesch Froen op vill Leit zou. An dofir musse mir och proaktiv als Regierung den noutwendege Stellen einfach Instruktioune ginn, dass déi Leit eng gewësse Rechtssécherheet hunn. An dat huet och eppes...

Dat zweet Beispill, wat ech dozou wollt ginn, dat sinn déi Lëschte vun den Terroristen, déi d'UNO mécht, déi d'EU mécht. Do muss ee jo da ganz séier deenen hir Suen afréieren. Och do si scho Fäll komm an der Vergaangenheet, wou dann op eemol Suen agefruer goufe vun engem, deen awer keen Terrorist war. Well och do sëtzen da Leit - ech gesinn d'Madame Doerner hei viru mer sëtzen, ech weess, si ass an der Chambre des notaires -, do schaffen da Leit...

(Interruption)

Jo, mä duerfir weess ech, dass ech d'Diskussioun mat hirer Chambre des notaires hat, dass hir Leit gesot hunn, déi do administrativ schaffen: „Jo, ech hunn heiansdo Schwieregkeeten, déi Lëschten iwwerhaapt zesummenzestellen. Ass een nach op der Lëscht? Ass en net op der Lëscht?" An dofir ass ee wesentlecht Element och vu Rechtssécherheet fir all d'Acteuren am Privé, ob se op de Banke sëtzen oder anerer sinn, dass elo iwwert den Internetsite vum Finanzministère déi Lëscht public gemaach gëtt an dass een dann déi Lëscht ka kucken a soen: Dat si se an dat si se net. Wann natierlech déi Lëscht falsch ass, huet de Stat d'Responsabilitéit ze droen. Dat ass eng Konsequenz dovun.

Mä ech mengen, dass et wichteg ass mat dësem Gesetz, dass, wa mer engersäits op d'Acteure méi Aarbecht zoukomme loossen, méi Responsabilitéit zoukomme loossen, mer op där anerer Säit kucken, och méi Rechtssécherheet ze kréien. An dofir soll een net nëmme gesinn, dass hei d'Ac-

CHAMBRE
DES DÉPUTÉS
d'Chamber live
Chamber TV
och an der Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op
www.chd.lu

- L'actualité parlementaire sur www.chd.lu
- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images sur www.chd.lu.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

teure méi Aufgabe kréien; et soll een och kucken, dass mer mat deem Gesetz versichen, hinnen hir Aufgab esou einfach wéi méiglech ze maachen.

Voilà! Ech mengen, dat waren e bësse meng allgemeng Ausféierungen zum Gesetz. Meng Fro ass elo, Här President, ob ech elo schonn zu de Resolutiounen a Motioune soll Stellung huelen oder duerno.

M. le Président.- Ech géif dat proposéieren, Här Minister, fuert Dir direkt virun!

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Gutt, da sinn et u sech zwou Motiounen.

Déi éischt ass déi, déi den Här Schiltz hei deponéiert huet, déi mir jo och an der zoustänneger Commission juridique diskutéiert hunn, fir ze soen, mir sollen e Rapport driwwer maachen; ech widderhuelen dat, wat ech an der Commission juridique gesot hunn. Absolut, well mir sinn eis bewosst, dass mat där séierer Aarbecht, déi mer gemaach hunn, mer awer kënne Feeler gemaach hunn. Dat ass einfach esou. Also, et ass kee Meeschterwierk, et ass eng Meeschterleeschtung.

A wa mer elo soen: „Et ass kee Meeschterwierk", musse mer wëssen, dass mer och nach vläicht eng Partie Saache musse virun der Summervakanz einfach punktuell, faktesch, juristesch redresséieren. Ech mengen, mir musse jo och elo kucken, wat de GAFI seet. Vläicht seet de GAFI zu verschiddene Saachen och: Hei hätt Der et kënnen aneschters maachen an esou weider. Ech mengen, dass et dofir absolut richteg ass, dass mer e Bilan zéien.

Mir mussen och kucken, wéi de Parquet, wéi d'Acteuren eens ginn. Ech mengen, mir mussen och op déi lauschteren. Dofir hu mer déi Plattform an d'Liewe geruff, wou mer déi verschidden Acteuren och gesinn an héieren, wat si vu Problemer hunn. An ech mengen, dass et richteg ass, dass mer dann eben esou séier wéi méiglech e Bilan hei zéien. A wa mer missten eng Partie kleng Rectificatifë maachen, da solle mer déi gradesou séier maachen, wéi mer et hei fäerdeg bruecht hunn, dat Gesetz ze maachen. Dat zu där éischter Motioun, déi ech also absolut kann unhuelen.

Zu der Motioun vum Här Hoffmann - déi hunn ech net, oder hunn ech déi? Dach, déi hunn ech -, do hunn ech Problemer a folgendem Sënn, nämlech deem, dass ech muss soen, ech hat ëmmer e Problem mat dem Adage „nul n'est censé ignorer la loi". Da soen ech: Nul député n'est censé ignorer la loi. Mir hunn nämlech ganz kloer Gesetzer hei zu Lëtzebuerg an déi sinn nach ëmmer hei wichteg. An dofir regrettéieren ech och e bësse, dass den Här Hoffmann, nodeem e gëschter eng Réunioun vun der Commission juridique provozéiert huet, net konnt de Moien derbäi sinn,…

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Oh! Provozéiert? Pardon?!

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- …well mer de Procureur général do haten.

(Interruption)

Jo, wann ech eppes Falsches sollt gesot hunn, ginn ech dat gären zou. Ech konnt gëschter net hei sinn, well ech europäesche Ministeschrot hat, soss wär ech selbstverständlech gëschter selwer hei gewiescht. Ech hunn also nëmme kënnen dat soen, wat ech an den Zeitunge gelies hunn. Op dat hunn ech mech elo baséiert.

Mir hu ganz kloer gesetzlech Bestëmmungen an déi sinn nach ëmmer déi wichtegst. An déi gesetzlech Bestëmmungen an déi Praxis, déi mer hunn - an dofir hu mer dat och de Moie mam Procureur général beliicht -, déi soen am Gesetz an an der Praxis, dass mer selbstverständlech keen iergendengem jee ausliwweren, wou e riskéiert d'Doudesstrof ze kréien. Där Fäll hate mer. Well et gëtt jo Länner, wat demokratesch Länner sinn, déi awer d'Doudesstrof hunn.

Mir haten eng ganz Partie Diskussioune mat der Belsch. Déi hate bis '96 d'Doudesstrof. Wou mer mat deenen négociéiert hunn, fir ze soen: Nëmme wann Dir eis garantéiert, dass deen do net riskéiert d'Doudesstrof exekutéiert ze kréien. Prononcéieren ass jo eng Saach vun de Geriichter, mä exekutéieren, dat ass eng Saach vum Exekutiv.

Mir haten där Diskussioune mat der Türkei, mir haten där Diskussioune mat Amerika, a mir wäerten och an Zukunft derbäi bleiwen. Mir hunn eng Mënscherechtspolitik hei zu Lëtzebuerg als Regierung. An net nëmmen dës Regierung huet eng Mënscherechtspolitik, och déi Regierunge virdrun haten eng Mënscherechtspolitik.

Ech mengen, déi jeeweileg Ausseministeren, déi mer haten - a wéi gesot, ech widderhuelen nach eng Kéier, dass ech 28 Joer Politik maachen -, haten ëmmer déi dote Mënscherechtspolitik. An dofir sinn ech e bësse verwonnert, dass mer hei eng Debatt einfach lassléisen, déi et iwwerhaapt net néideg huet, do ze sinn. Et ass ganz kloer, dass mer keen iergendwéi iergendengem ausliwweren, wou ee riskéiert der Doudesstrof ze ënnerleien. Dat war an der Vergaangenheet esou an dat bleift an der Zukunft esou.

Wat déi Convention maritime ubelaangt, déi huet jo iwwerhaapt näischt mat Somalia ze dinn. Déi ass deemools komm opgrond vun der Affär „Achille Lauro". A mir hunn déi deemools net ënnerschriwwen, well mer effektiv déi Zäit nach kee Pavillon maritime haten. Mir haten nach keng Flotte.

Et ass e bësse schued, soen ech. Dat soen ech dann och als Regierungsmember, an dann ass jo de Mea culpa bei mir och, dass mer effektiv bis elo gewaart hunn, dass de GAFI eis gesot huet: „Och dat musst Der ratifizéieren", dass mer se ratifizéiert hunn. Well et kann een net einfach e Pavillon maritime maachen an eng Partie Konventiounen, déi awer wichteg sinn, net exekutéieren.

An där Konventioun ass keen eenzege Problem vu Mënscherecht do, esou wéi eis Sachlag hei zu Lëtzebuerg ass. Well mir awer en Ordre public hunn. An deen Ordre public, wann ee sech esou e bëssen am Droit international public auskennt, weess een, dass deen iwwer all aneren Interpretatioune ka stoen. Et ass keng Gefor, dass mer hei géifen een iergendwéi u Länner ausliwweren, wann en do an deem Land géif perséinlech konkret riskéieren d'Doudesstrof ze kréie respektiv och torturéiert ze ginn. Och dat gehéiert zu eisem Recht.

Dann huet den Här Hoffmann gefrot, en hätt gär d'Signatairë vun der Konventioun. Déi Lëscht ass eis de Moien an der Commission juridique ausgedeelt ginn, wou leider den Här Hoffmann net konnt derbäi sinn. Ech iwwerreechen Ärem President se nach eng Kéier, fir dass mer déi dote Lëscht dann och hunn.

(M. François Biltgen, Ministre de la Justice, dépose une documentation sur le bureau de la présidence.)

Voilà! Esou dass ech géif soen, dass d'Regierung déi dote Motioun net brauch ze akzeptéieren, well se einfach total iwwerflësseg ass.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Justizminister François Biltgen. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President!

M. le Président.- Den Här Hoffmann freet nach eng Kéier d'Wuert. Här Hoffmann, wann ech gelift.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Parole après le ministre, wann ech gelift.

Nul n'est censé ignorer ce dont il parle!

Éischtens, ech hu gëschter net eng Réunioun vun der juristescher Kommissioun provozéiert, sondern ech hu gëschter zum Ordre du jour geschwat a gefrot, mir sollen déi Konventioun iwwert d'Piraterei vum Ordre du jour erofhuelen, d'Commission juridique soll sech nach eng Kéier virun allem mat deene mënscherechtlechen Aspekter beschäftegen, well d'Membere vun der juristescher Kommissioun hei och selwer zouginn hunn, dass dat net geschitt war, dass si sech mat deem Aspekt an der Commission juridique bei der Analys vun där Konventioun net beschäftegt hunn, dass mer sollten en Avis froe vun der Commission consultative des droits de l'Homme, wat jo, mengen ech, eng zoustänneg Instanz wär, fir ze kucken, wat fir eng Implikatiounen dass déi Konventioun an eist Gesetz hei op deem Plang huet.

Zweetens - dofir och mäin éischte gradesou polemesche Saz wéi dem Här Biltgen säin -, ech hunn hei selwer virun 20, 30 Minutte gesot, dat vun der Extraditioun. A wéi mir mat der Extraditioun géifen ëmgoen, dat wär mir absolut kloer an absolut bewosst an dat géif ech och esou begréissen. An där Motioun, déi ech ënnerbreet hunn, do geet vun der Extraditioun keng Rieds, sondern do geet et dra Rieds, dass mir hei eng Konventioun ënnerschreiwe mat anere Länner, wou all États parties sech engagéieren, Strofen ze verhänken, wann déi Infractioune stattfannen, déi an där Konventioun opgezielt sinn.

Bei eis ginn déi Strofe bis zur Réclusion perpétuelle. An anere Länner gi se, soen ech emol, méiglecherweis bis zur Peine de mort, an da soen ech nach eng Kéier, ofgesi vun där Aart a Weis, wéi an anere Länner d'Prozesser stattfanne respektiv d'Mënscherechter agehale ginn.

An ech bleiwe bei där Meenung, an dobäi fannen ech déi Motioun och iwwerhaapt net iwwerflësseg, dass mir bei internationale Konventiounen, déi e strofrechtleche Charakter hunn - dat betounen ech nach eng Kéier: „déi e strofrechtleche Charakter hunn" -, sollen oppassen, dass, wann deen Droit pénal, deen do virgesinn ass, applizéiert gëtt an deene Länner, déi d'Konventioun mat ënnerschreiwen, deen applizéiert gëtt no eisen - déi mer jo universal mengen - rechtsstaatleche respektiv mënscherechtleche Kritären. Kommt, mir nennen dat emol esou.

Ech hu keng Äntwert kritt op d'Fro vum Artikel 8. Ech wëll also nach eng Kéier erklären, wat do drasteet. Am Artikel 8 steet Folgendes: De Kapitän vum Schëff vum „État pavillon" „peut remettre" een, deen e verdächtegt, Piraterie bedriwwen ze hunn, un „un État destinataire", deen och État Partie ass. Voilà, a soss steet näischt do. Also, et steet méi do, mä et steet net do, ënner wéi enge Konditiounen a mat wéi enge Restriktiounen dass dat do iwwerhaapt méiglech ass.

Well dat ass jo a mengem begrenzte juristesche Verständnis net eng Extraditioun, wann do steet „peut remettre". Et steet och net do, e misst säi Land froen. Dat heescht also, dass do manifestement fir mech eng Gefor ass.

Da Somalia. Nul n'est censé ignorer de ce qu'il aurait pu lire. An dem Rapport vun der Kommissioun selwer ass de Bezuch gemaach mat der Corne de l'Afrique, dat heescht mat Somalia. Also, ech hunn deen net gemaach, sondern dee steet am Rapport vun der Kommissioun. An de Considérations générales ass de Rapport gemaach mat den Handelsroutë laanscht d'Corne de l'Afrique a mat Somalia. A jiddweree weess ausserdeem, dass, wa mer haut iwwert d'Piraterie schwätzen, haut, déi lescht fënnef, sechs oder siwe Joer, mer dann déi do Géigend, net eleng selbstverständlech, mä virun allem am Bléck hunn.

Ech hätt gären, an ech halen dorop, och wann d'Motioun net gestëmmt ass, an ech bleiwen derbäi, an et muss ee mir erklären, firwat dass dat net soll gemaach ginn, dass op d'mannst d'Regierung eis - ech sot régulièrement, dat heescht net all Mount - soll informéieren: Wéi gëtt dann elo déi Konventioun do applizéiert am Sudan beispillsweis?

M. le Président.- Här Hoffmann, Dir misst awer elo zum Schluss kommen, wann ech gelift.

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Jo, ech sinn och um Schluss.

Wann do Leit ofgeliwwert ginn opgrond vun där Konventioun oder festgeholl ginn am Sudan beispillsweis als État signataire, wat geschitt da mat deenen? Ech wéisst gären, wéi déi Applikatioun herno konkret ausgesäit.

Merci.

M. le Président.- Domadder wär elo d'Diskussioun definitiv ofgeschloss a mir kéimen zur Ofstëmmung. Fir d'Éischt…

Oder wëllt de Justizminister nach eppes soen?

Plusieurs voix.- Oh neen!

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Neen? Gutt, dann eben net.

M. le Président.- Mir kommen also elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6163.

Wéi de Rapporteur eis opmierksam gemaach huet, ass an der Partie 2 am Artikel 24 eng Erreur matérielle. Et ass ze liesen: „sortant de l'Union européenne" an net „sortant de la Communauté".

Et ass och nach eng Ännerung am Intitulé virzehuelen. Am Intitulé vum Projet de loi misst virum Punkt 1 hanner „Mesures restrictives" dëst stoen: „en matière financière à l'encontre de certaines personnes, entités et groupes dans le cadre de la lutte contre le financement du terrorisme".

Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of a wäerten dem Conseil d'État dës Ännerunge schréftlech matdeelen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6163 ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Félix Eischen), MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

M. André Hoffmann.

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:
Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dat ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6017.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss an d'Resultat ass datselwecht wéi beim viregte Projet de loi.

De Projet de loi 6017 ass nämlech ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par Mme Martine Mergen), MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par M. Claude Adam) et Henri Kox;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Och hei schéngt dat net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6168.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

An hei ass de Projet de loi 6168 ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen, bei 1 Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss (par M. Henri Kox) et Henri Kox;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

A voté non: M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dann hu mer elo nach hei zwou Motiounen, iwwert déi d'Chamber misst ofstëmmen.

Motion 1

Fir d'Éischt déi Motioun 1 vum Här Gilles Roth. Ech mengen, do kënne mer e Vote à main levée maachen.

Vote sur la motion 1

Wien ass mat där Motioun averstanen?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit vun dësem Haus ze sinn. Domadder wär dann och dës Motioun ugeholl.

Motion 2

An dann hu mer nach eng zweet Motioun vum Här André Hoffmann. Kënne mer och do à main levée ofstëmmen?

(Négation)

Den Här Hoffmann hält op e Vote électronique.

Vote sur la motion 2

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

Déi Motioun ass ofgewise mat 43 Nee-Stëmmen, 1 Jo-Stëmm a 14 Abstentiounen.

A voté oui: M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank (par Mme Martine Mergen), MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Jean Huss (par M. Félix Braz) et Henri Kox.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Mir sinn domadder um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si virgesi fir den 19., 20. an 21. Oktober.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.15 heures)

Sommaire des séances publiques n° 46 de la session ordinaire 2009-2010 et n°s 1 et 2 de la session ordinaire 2010-2011

Session ordinaire 2009-2010

Rectificatif p. 654

Hommage à la mémoire de M. Jean-Pierre Koepp, Député honoraire p. 654

Clôture de la session ordinaire 2009-2010 et ouverture de la session ordinaire 2010-2011 p. 654

Session ordinaire 2010-2011

Composition des organes de la Chambre des Députés p. 1

Discours de M. le Président p. 1-2

Ordre du jour p. 2

Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution et d'une proposition de loi p. 2

6119 - Projet de loi instituant le recours en matière de marchés publics p. 2-4

Communications p. 4-6

Résolution relative à l'adoption par la Chambre des Députés de l'avis politique de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural sur la réforme du cadre législatif européen de l'autorisation des OGM p. 6-7

6163 - Projet de loi

- portant renforcement du cadre légal en matière de lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,

- portant organisation des contrôles du transport physique de l'argent liquide entrant au, transitant par ou sortant du Grand-Duché de Luxembourg,

- relative à la mise en œuvre des résolutions du Conseil de Sécurité des Nations Unies et des actes adoptés par l'Union européenne comportant des interdictions et mesures restrictives à l'encontre de certains États, régimes politiques, personnes, entités et groupes,

- modifiant:

1. le Code pénal,

2. le Code d'instruction criminelle,

3. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire,

4. la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme,

5. la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie,

6. la loi modifiée du 11 avril 1985 portant approbation de la Convention sur la protection physique des matières nucléaires, ouverte à la signature à Vienne et à New York en date du 3 mars 1980,

7. la loi modifiée du 31 janvier 1948 relative à la réglementation de la navigation aérienne,

8. la loi du 20 juin 2001 sur l'extradition,

9. la loi du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne,

10. la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire internationale en matière pénale,

11. la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier,

12. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier,

13. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances,

14. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat,

15. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat,

16. la loi modifiée du 10 juin 1999 relative à l'organisation de la profession d'expert-comptable,

17. la loi du 18 décembre 2009 relative à la profession de l'audit,

18. la loi modifiée du 20 avril 1977 relative à l'exploitation des jeux de hasard et des paris relatifs aux épreuves sportives,

19. la loi modifiée du 17 mars 1992 portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988,

20. la loi modifiée du 14 juin 2001 portant approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépistage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990,

21. la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'administration de l'enregistrement et des domaines;

6017 - Projet de loi portant

1. approbation de la Convention du 29 mai 2000 relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne

2. approbation du Protocole du 16 octobre 2001 à la Convention relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne

3. modification de certaines dispositions du Code d'instruction criminelle et de la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire en matière pénale

et

6168 - Projet de loi

- portant approbation de la Convention pour la répression d'actes illicites contre la sécurité de la navigation maritime, faite à Rome le 10 mars 1988 et du Protocole pour la répression d'actes illicites contre la sécurité des plates-formes fixes situées sur le plateau continental, fait à Rome le 10 mars 1988;

- et modifiant la loi du 14 avril 1992 instituant un code disciplinaire et pénal pour la marine p. 7-18